

Dat heescht, Dir gesitt, mir schaffen do emseg drun. Ech versprochen och, dass mer weider wäerten do-runner schaffen, fir dass mer méi modern Strukturen hunn. Verschiddener kann ee vläicht ëmbauen, anerer kann een net ëmbauen. Mir sinn amgang ... Wéi gesot, am Süden hu mer elo déi zwoe ganz grouss Gebaier, déi elo opgaange si respektiv d'nächst Joer opginn. An ech mengen, do si mer wierklech um gudden Wee a mir maachen natierlech onst Beschit, fir d'Strukturen ze moderniséieren. A mir wäerten als Familijeministère och do derhannert bleiwe respektiv och dat finanziell ënnerstëtzen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familijeministesch. Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuracion. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass mat 4 Jo-Stëmme géint 51 Nee-Stëmme a 4 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm) et Claude Wiseler ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. Gusti Graas) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

6. 8099 – Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

De leschte Punkt um Ordre du jour vun dëser Woch ass eng Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Frank Colabianchi, den Här Carlo Weber, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Myriam Cecchetti, den Här Marc Goergen an den Här Marc Lies. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Dir wësst, geet et bei der järelecher Orientéierungsdebatt zu de Grands projets, déi mer haut de

Mëtteg féieren, ëm de Finanzement vun de groussen staatlechen Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen.

Fir déi deemtspriechend Etüde kënnen ze verdéieren an d'Projete kënne weiderzedreiwien, muss d'Chamber fir d'éischt hiren Accord de principe dozou ginn.

Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Informatioun a Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anerersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen.

Ënnert dës Prozedur falen zanter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e virausiichtleche Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro oder méi erreche wäerten. Doriwwer eraus muss dann awer bekanntlech och nach fir all Projet, deen de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschreit, an engem spéidere Stadium e separat Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem sech d'Chamber dann am Detail auserneeetzt wäert.

D'Mobilitéitskommissioun ass alljoers fir d'Préparation vun dësem Débat d'orientation zoustänneg souwéi fir d'éischt Analys vun de viséierte Projeten, an d'Chambersplénière, wéi gesot, fir den Accord de principe duerch d'Unhuele vun enger Motioun, an dat am Prinzip ëmmer am Virfeld vum Vott vum Staatsbudget Enn des Joers.

Ouni dës parlamentaresch Prozedur ronderëm d'Grands projets géifen dës lafend oder zukünfteg Projeten nämlech ëmmer just zesumme mat allen nach onfäerdege Grand-projete vun de Jore virdu an den Annexe vum järeleche Budgetsgesetz opdauchen, an dann och net als eenzel konsolidéiert Projeten, mee just mat den Ausgabe fir dat betreffend Budgetsjoer respektiv iwwer e puer Joer gestreckt am pluriannuelle Budget.

Nom Accord de principe hei an der Plénière ass et dann awer d'Budgetskontrollkommissioun, déi fir de finanzielle Suivi vun de groussen Infrastrukturprojeten zoustänneg ass. Dat bedeit, datt den zoustännegen Minister der Kommissioun am Prinzip all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun de lafende Projete presentéiert.

Esou vill schon emol zur parlamentarescher Prozedur, déi elo – mat just liichten Upassungen – zënter eppes méi wéi 15 Joer besteet.

A fir de Grands-projets-Debat 2022 kouw et elo no ettleche Joren och nees zu enger liichter Upassung. Nei ass, datt ab elo och d'Infrastrukturprojete vum Fonds Belval mat op der Lëscht vun de Grands projets vum Staat stinn.

Mam Gesetzesprojet Nummer 7601, dee mer den 10. Juli 2021 heibannen ugeholl haten, gouf d'Fonctionnement vum Fonds Belval vereinfacht, an zwar an deem Sënn, datt de Fong zanterhier net méi fir all eenzelne Projet en extrat Finanzéierungsgesetz brauch, egal wéi héich d'Käschte waren, mee just nach ab dem bekannte Seuil vu 40 Milliounen. An anere Wieder gëllen elo fir den Établissement public Fonds Belval genee déi selwecht Reegele wéi fir déi verschidde Staatsverwaltungen: Fir Projeten iwwer 10 Milliounen gëllt d'Prozedur vun de Grands projets an ab 40 Milliounen ass en extrat Gesetz néideg.

Här President, haut de Mëtteg geet et also hei am Débat ëm den Accord de principe vu weider 52 Infrastrukturprojeten. Dat sinn der exakt duebel esou vill wéi d'lescht Joer. Deemno wäert ech méi Zäit wéi gewinn fir dës Opzielung brauchen, woubäi ech probéieren, d'Projeten esou gutt et geet komplett an awer kuerz a knapp ze beschreiwen.

20 vun de virleiende Projete leien an der Responsabilitéit vu Bâtiments publics, 19 an där vum Fonds des routes, also der Ponts et chaussées, 6 gehéieren an de Beräich vun der Eisbunn a 7 Projete leien an der Verantwortung vum Fonds Belval.

Vu déi héich Unzuel u Projeten, ass eng Kommissiounssëtzung net duergaangen, fir op alles anzegoen. Sou goufen dës Projeten an der Sëtzung vum 24. November 2022 an an der Sëtzung vum 30. November vun dësem Joer vun den Administratiounen vu Bâtiments publics a Ponts et chaussées esouwéi vun de CLT an de Responsabele vum Fonds Belval virgestallt.

Wa mir eis déi Lëscht méi genee ukucken, stelle mer fest, datt de Spektrum vun de Projete wéi ëmmer ganz breet ass. Et geet ëm modern a fonctionnel Gebaier, et geet ëm effikass staatlech Servicer, wéi d'Police oder d'Waasserwirtschaftsamt, ëm d'Revalorisation an d'Weidernotzung vun alem Industriepatrimoine oder ëm innovativ Weltraumfuerschung.

A wéi et och schonn déi lescht Joren de Fall war, geet et och dës Kéier nees ëm Milliouneninvestitiounen an d'Zukunft vun eisem Land, ëm gezielt Investitiounen fir eng besser a méi kohärent Mobilitéitsoffer. Duerech déi dynamesch Entwécklung vun eisem Land soll a muss sech eis Mobilitéitsplanung net nëmmen dëser Dynamik upassen, mee idealerweis d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joren antizipéieren.

Am Abrëll vun dësem Joer huet de Mobilitéitsminister an deem Kontext och dat neit a wichtegt Instrument vum PNM 2035 virgestallt, de Plan national de mobilité fir den Horizont 2035. Et handelt sech heibäi ëm en ëmfaassend Mobilitéitskonzept, dat als Zil huet, all déi verschidde Mobilitéitsreseau beschtméiglech mateneen ze verknäppen an openeen ofzestëmme an, wéi grad gesot, fir eis haut schonn kënnen op d'Mobilitéitsbesoine vun de kommende Joerzénge virzereeden.

Op der aktueller Lëscht vun de Grands projets d'infrastructure stinn och elo déi éischte Kéier Projetproposen drop, déi en direkte Bezuch op de PNM 2035 huelen.

An et geet ëm Investitiounen an d'Zukunft vun eise Kanner a Jugendlechen. Nieft der Renovatioun, der Vergréisserung oder dem Neibau vu Grondschoulen, Lycéeën a Gebailechkeete fir d'Erwuessenebildung, inklusiv Sport-, Accueil- a Restaurantsinfrastrukturen, sinn awer grad och Projete fir déi Vulnerabelst dobäi: fir Kanner a Jugendlecher an Nout, fir Schoulofbriecher oder Jonker mat Schwieeregkeeten um Aarbechtsmaart.

Deemno ass déi aktuell Lëscht mat rekordverdächtige 52 Projeten och dës Joer nees eng interessant Sammlung vu Pläng fir eng sënnavoll Weiderentwécklung vun eisen éffentlechen Infrastrukturen, vu Projeten, déi zu engem gudden Fonctionnement vum Staat a vum Land an zur Liewensqualitätéit vun alle Biergerinnen a Bierger wäerte bäidroen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee wéi d'lescht Joer scho wäert ech Iech dës 52 Projete mëndlech just a gekierzter Form virstellen. Déi weider Detailler konnt Dir a mengem schrëftleche Rapport an doriwwer eraus an de Präsentationsdokumenten vun de Verwaltungen noliessen.

Ech fänken u mat den 20 Projete vu Bâtiments publics, an där selwechter Reiefolleg, wéi se a mengem schrëftleche Rapport opgefouert sinn.

Déi éischt 9 Projete ginn iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert, 7 weider Projeten iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires, de 17., 18. an 19. Projet iwwert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux an dee

leschten iwwert de Fonds d'entretien et de rénovation.

Beim éischte Projet geet et ëm d'Schlass zu Senningen. Hei ass virgesinn, datt de Centre de conférences esouwéi den éischte Stack an den Daachberäich vum Schlass komplett renovéiert solle ginn, soudatt d'Raimlechkeeten och dem effektive Besoin besser entsprechen, wéi zum Beispill duerch en Update vum Multimediaberäich.

Beim zweete Projet geet et ëm d'Rehabilitatioun vum Site zu Cinqfontaines. Et ass virgesinn, aus dem fréiere Klouschter a sengen Annexen, déi de Staat 2020 kaf huet, e Centre commémoratif an éducatif iwwert d'Judeverfolgung am Zweete Weltkrich ze maachen, souwéi fir d'Promotioun vun der Demokratie an de Mënscherechter. Gläichzäiteg soll op deem Site awer och nach e Centre d'insertion socioprofessionnelle fir 30 Jonker entstoen, genee wéi och e Wunngebai fir zwou Gruppe vu jee weils aacht Jonken.

Beim drëtten Projet si mer am Quartier NeiSchmëlz zu Diddeleng. D'Partie sud vum Site ass fir d'Constructioun vun engem Centre national de collections publiques virgesinn, dat als Zil huet, de Patrimoine culturel kënne ze stockéieren. Och de Projet selwer wäert hei e wichtege kulturellen Aspekt kréien, well et och drëms geet, wichtege Deeler vum alen Industriepatrimoine ze erhalen a sënnavoll ze notzen. Dazou gehéiert zum Beispill dat ronn 600 Meter laang Gebai vum fréiere Walzwierk.

(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)

Den nächste Projet ass och zu Diddeleng, dës Kéier e bësse méi no am Zentrum, nördlech vum Quartier NeiSchmëlz. Hei soll en neit grouss administratiivt Gebai hinkommen, dat an éischter Linn als neit Policekommissariat fir bis zu 56 Persounen soll déngen, awer och vun der ADEM, der Steierverwaltung an dem Educationsmistère wäert genotzt ginn. Den Ament leeft d'Route de Thionville nach iwwert dësen Terrain, déi allerdéngs deplacéiert gëtt. Esou wäert e groussen Deel vum Terrain och disponibel fir de Fonds du logement ginn.

De fënnefte Projet befënnt sech um Härebiërg. Hei geet et haaptsächlech ëm e Centre de résilience, dat heescht en Datazenter fir sécherstellen, datt wichteg Informatiounen souwuel vu Senninge wéi vum Härebiërg do propper kënne stockéiert ginn. Weider ass e groussen Hall virgesinn, fir Dronen ze stockéieren, esouwéi e Konferenzzentrum de niveau secret.

Beim sechsten Projet vun eiser Lëscht geet et ëm en administratiivt Gebai an der Route d'Arlon an der Stad en face vum Stadion Josy Barthel. Dëst Gebai soll virun allem fir de Ministère des Affaires étrangères et européennes geduecht sinn. Den ONA géif hei säin Haaptsëtz fir ronn 150 Leit kréien, souwéi de Service des réfugiés vun der Direction de l'immigration mat ronn 60 Leit.

Beim nächsten Projet gi mer a Richtung Hollerech, wou den TNL, den Théâtre national de Luxembourg, ass. Hei konnt en Nopeschgebai bäikaf ginn an den TNL hat ëmmer schon eng Demande fir eng Extensioun respektiv eng Renovatioun vun de besteende Lokalitéiten. Hei ass elo virgesinn, en zweete Sall bäizebauen, déi aktuell Raimlechkeeten ze renovéieren an e flotte Gesamtprojet doraus ze maachen, mat engem Foyer, enger Entrée, enger Billetterie an engem Café.

Den aachte Projet an der Lëscht befënnt sech op der Gare an der Rue Bender, dat aalt ADEMS-Gebai. De Staat huet dat Gebai elo als Propriétéit kritt, nodeems e laang Locataire war. Dofir ass elo d'Opportunitéit, fir d'Gebai ze renovéieren a prett fir den Asaz als administratiivt Gebai vum Staat ze maachen, woubäi

allerdéngs zur aktueller Stonn nach net kloer ass, wéi eng Servicer et wäerten notzen.

Den néngten a leschte Projet vum Fonds d'investissements publics administratifs ass d'Nature et forêts zu Diddeleng. Hei geet et drëms, véier Triagen ze rassembléieren, an zwar déi vu Keel, Réiser, Beetebuerg an Diddeleng.

Beim zéngten Projet, finanziert vum Fonds d'investissements publics scolaires, si mer am Suessemerschlass. Hei ass d'Iddi, eng Antenn vun der Hotelschoul an de Süden an dat Schlass ze kréien. Vu datt d'Schlass klasséiert ass a fir datt de Patrimoine esou kann erhalen ginn, solle just d'Fonction-annexen an d'Schlass selwer kommen an eng Kichen zum Beispill kéim an eng Annex nieft d'Schlass. Insgesamt soll hei eng Kapazität fir iwwer 230 Schüler entstoen.

Beim nächste Schoulprojet, dem eeleften op der Lëscht, si mer um Lampertsbiërg am Jonglycée. Vun 1995 bis 2001 gouf et hei scho Renovatiounen an elo geet et drëms, de Rez-de-chaussée esouwéi de -1 ze adaptéieren. Hei soll gekuckt ginn, ob d'Méiglechkeet besteet, eng Kichen oder e Restaurant ze amenagéieren, an d'Bibliothék kéint eventuell och op eng aner Plaz kommen, mat der Iddi, d'Kapazität vun de Schüler vun 850 op 1.000 eropzesetzen.

Als nächst si mer um Kierchbiërg am neie Quartier vum Kuebebiërg, deen nach a Planifikatioun ass. Hei geet et drëms, nei adaptéiert Strukture fir d'École nationale pour adultes, also d'ENAD, souwéi passend Sportinfrastrukturen ze bauen, an och d'Université populaire soll en neit Gebai kréien.

Beim 13. Projet geet et ëm de Primaire vun der École internationale Anne Beffort zu Miersch en face vum Neie Lycée. 180 bis 200 Schüler sollen hei kënne ënnerkommen.

An da komme mer bei d'Walfer Schlass. D'Schlass ass a fënnef Gebaier agedeelt, déi eng baulech an energetesch Sanéierung brauchen an och eng Mise en conformité a puncto Normen.

Mam Projet vun der École internationale Gaston Thorn zu Zéisseng geet et ëm eng provisoresch Grondschoul mat 25 Klassen, Maison relais, Büroen, fir den aktuell vun der Ville de Luxembourg geloungte Site fräizemaachen a bis de finale Schoulsite – och zu Zéisseng – fäerdeg ass.

Mat engem weidere Projet sollen zu Bouneweg och op zwou Parzellen tëscht der Diddenewener Strooss an der Houffalizer Strooss nei Sportinfrastrukturen gebaut ginn. Eng Parzell ass awer momentan nach bebaut. D'Haaptelement vum Projet ass eng Sportsaal mat dräi Unitéiten an d'Integratioun vun enger Rëtsch Salles de classe d'appoint.

Déi nächst dräi Projekte sollen iwwert de Fonds d'investissements sanitaires et sociaux finanziert ginn. Beim éischten Projet aus dëser Serie geet et ëm den Amenagement vun engem Foyer fir Demandeurs de protection internationale an der Batzendelt zu Wolz. D'Gemeng Wolz stellt dem Staat hei den Terrain zur Verfügung fir insgesamt dräi identesch Gebaier mat jee weils 29 Better, dat heescht mat 87 Plaze Gesamtkapazität.

De Projet Nummer 18 als nächst. Am Moment gëtt et am Beräich vun de Sozialinfrastrukturen fir Kanner zwee Foyeren zu Schëffleng, déi sech net méi fir eng Renovatioun eegnen an déi ofgerappt ginn. Dës zwee Gebaier wäerten dann duerch véier nei Infrastrukturen ersat ginn, engem Centre de jour mat Consultationsméiglechkeeten, engem Foyer d'accueil d'urgence fir Bëbeeën, engem Foyer d'accueil fir Petite enfance an engem drëtten Foyer fir e Groupe mixte.

Weinst dem héijen a weider wuessende Bedarf un Opfangstrukturen fir Kanner a Jugendlecher an Nout gesäit e weidere Projet vun der Lëscht de Bau vun esou Strukture vir. Esou eng nei Struktur soll elo zu Zolwer entstoen an à terme och déi béid Gruppen aus den zwee elo just erwäante Schëfflenger Foyeren ophuelen, well d'Gebaier jo ofgerappt ginn.

Beim leschten Projet vu Bâtiments publics an dem eenzegen, deen ënnert de Fonds d'entretien et de rénovation fält, geet et ëm d'Renovatioun vun engem Gebai zu Esch, dat fir d'lescht vun der Steierverwaltung genotzt gouf. No der Renovatioun sollen hei da ronn 2.100 Meterkaree fir eng regional Antenn mat Servicer vum Educationsmistère a Kanner- a Jugendministère genotzt ginn. De Projet schwätzt hei vum SNJ a vum Office national de l'enfance.

An da kommen ech bei d'Projete vu Ponts et chaussées, déi iwwert de Fonds des routes finanziert ginn. Wéi ugekënnegt, läit bei de Stroossebauprojekten de Fokus schonn deelweis op dem Matabezéie vun der neier laangfristeger Strategie vum Plan national de mobilité 2035.

Nieft fënnef diverse Projeten hu mer virun allem an deem Block insgesamt 14 Bréckebauprojekten. Brécke gi wéi Stroosse respektiv Autobunnen all zéng Joer sanéiert, mee no 30 Joer steet eng gréisser Renovatioun bei enger Bréck un. Dëst ass hei de Fall: Bei 13 vun dësen 14 Bréckebauprojekten geet et ëm d'Rehabilitatioun vun de respektive Brécken a beim Projet Nummer 29 op eiser Lëscht geet et ëm eng komplett Reconstructioun vun enger Vëlosbréck iwwert d'Autobunn A6 bei Garnech. Hei gëtt och vun deem Neibau profitéiert, fir d'Vëlosbréck vill méi breet unzeleeën an hei en nützleche Wëldwiesel iwwert d'A6 mat unzeleeën.

Och hei kënnt Der, wéi gewinnt, zousätzlech Detailler zu deene jee weilege Brécken a mengem schrëftleche Rapport noliesen. Et handelt sech heibäi ëm d'Projete mat den Nummere 26 bis 39. Ech wäert se spéiderhin nach eng Kéier kuerz erwänen.

Den éischten Fonds-des-routes-Projet betrëfft de Süde vum Land, a méi genee d'Géigend tëscht Nidderkuer, Suessem an Déifferdeng, an huet och en direkte Lien zu den Iwwerleeungen a Virschléi vum Plan national de mobilité 2035. De Projet vum Echangeur Haneboesch huet als éischt Zil, déi aktuell onglécklech Echangeursconfiguratioun op dëser Plaz ze behiiven an d'Industriezon an deem Eck méi effikass an d'A13 unzabannen. Mat deem Projet wäert et duerno dann och méiglech ginn, eng Partie Stroosse ronderëm däitlech ze entlaaschten a Verkéiersberouegungsmoosnamen ronderëm ëmzesetzen.

Fir den nächste Projet wiessele mer eriwier an d'Gemeng Réiser. Hei gëtt et e ganz schmuelen CR vu Réiser duerch de Bann iwwert d'Uelzecht eriwier op Béiweng an e Rond-point. Dës Strooss mat insgesamt dräi Ouvragen, déi an engem schlechten Zoustand sinn, erfëllt scho laang net méi déi aktuell Normen a gëtt och reegelméisseg zesumme mam ganze Bann iwwerschwemmt. De Projet gesäit dofir eng komplett Erneuerung op engem méi héich ugeluechten Tracé vir an integréiert och eng Vëlospist.

E weidere Projet situéiert sech am Quartier Midfield tëscht dem Houwald an der Cloche d'Or, wou momentan d'Diddelenger Autobunn an de Rond-point Gluck ausleef. Dës Zon wäert an noer Zukunft ideal un den ëffentlechen Transport ugebonnen sinn, speziell duerch de Pôle d'échange Houwald an den Tram, deen hei zirkuléiere wäert. De Projet proposéiert, déi aktuell Autobunn ab dem Hesper Echangeur bis bei de Rond-point Gluck ze iwwerdecken respektiv deelweis an en Tunnel ëmzewandelen, wat dann d'Surface uewendriwwer urbanistescht notzbar mécht an

déi aktuell strikt Trennung vun dëse wichtege Quartieren duerch d'Zuchlinien an d'Autobunnen ophiewe wäert.

E weidere Projet mat Link zum PNM ass de Projet Nummer 24. Hei geet et ëm eng méiglechst fréi a sënnavoll multimodal Verkéiersplanung fir den zukünftige Quartier Metzschmelz, deen op der aler AR-BEDs-Friche vun Esch-Schëffleng soll entstoen. Heizou gehéiert eng multimodal Ubannung souwuel un de schnellen Tram wéi och un déi proposéiert Héichfrequenzbuskorridoren, un d'Expressvélospisten an un d'PC6. Gläichzäitg gëtt awer och no enger optimaler Verbindung vun den eenzelne Verkéiersnetzer, speziell vum Vélosnetz, mat de Quartieren an den Zentren vun Esch a vu Schëffleng gekuckt.

Ëm déi selwecht multimodal Mobilitéitsplanung mat Usschluss un de schnellen Tram, d'Héichfrequenzbuskorridoren an e sécheren a gutt vernetzte Véloseseau, a kuerzen a bequeme Weeër fir d'Foussgänger, inklusiv gudder Verbindungen mat de Quartiere ronderëm, an enger Verkéiersberouegung am Quartier selwer geet et och um Belval. Och hei fannt der vill weider Infoen am schrëftleche Rapport an an de Kommissiounsdocumenter.

An da komme mer, wéi schonns annoncéiert, bei eng ganz Rëtsch vun änleche Bréckebauprojeten, wou et sech bis op een Neibauprojet ëm noutwendeg Astandsetzungsarbechten handelt. Ech ziele se just kuerz op, fir datt Dir se e bësse geografesch situéiere kënnt: Eng betrëfft d'Boufferknupp op der N7 a féiert iwwert d'Eisebunn. Dann hu mer nieft der Vélosbréck nach zwou weider Brécken iwwert d'A6, eng bei Mamer an eng um Echangeur Capellen. Da gëtt et virun allem vill Brécken op der A1 ronderëm d'Stad, déi a Stand musse gesat ginn. Dat sinn de Viaduc Drosbaach, de Viaduc Hamm plus eng zweet méi kleng Bréck bei Hamm, de Viaduc Itzig, de Viaduc de la Syre an de Viaduc de la Haute-Syre genee wéi de Viaduc Kaltgesbréck an de Viaduc Neudorf.

Méi am Norden geet et ëm zwee wichteg Ouvragen an der Verlängerung vun der Autobunn op der B7, nämlech de Viaduc Schieren an de Viaduc Ingeldorf, wou elo wäert gekuckt ginn, awéiwäit dës Renovationsarbechte kënnen optimal op déi scho bekannt Projeten op der B7 ofgestëmmt ginn, fir méiglechst weening Impakt op de Verkéiersfloss ze hunn.

An als leschte Bréckeprojet wëll ech dann nach den Nummer 39 erwänen, deen direkt dräi Ouvragë vun der A7 op der Héicht vum Gréngewald betrëfft. Bei dësem leschte Stroosseprojet, genee wéi bei eenzelne vun de grad erwaante Projeten, gëtt et eebenfalls ee Lien mam PNM 2035 an den doranner proposéierte prioriséierte Buspueren an/oder Autobunnsspuere fir de Covoiturage, wat natierlech an déi jeeweileg Renovationsprojete wäert afléissen.

Mir si gutt iwwert der Hallschent elo.

(Hilarité)

An da kommen ech bei déi nächst sechs Projete vun der Lëscht. Dës betreffen d'Eisebunn respektiv de Fonds du rail. Hei schwätze mer vu sechs ganz diversifiéierte Projeten.

Beim éischte Projet vum Fonds du rail, an dem 40. vun der gesamter Lëscht, handelt et sech ëm e Projet op der Streck Lëtzebuerg-Élwen a méi prezis ëm d'Schierener Gare. Hei ass engersäits d'Suppressioun vum Passage à niveau geplat an anersäits d'Moderniséierung vun der ganzer Haltestell. Et gëtt dës Weideren eng nei Bréck fir de Stroosseverkéier iwwert d'Schinn gebaut an e Souterrain fir d'Mobilité active amenagéiert.

Beim nächste Projet vum Fonds du rail geet et ëm d'Constructioun vun engem neie Gebai fir de Centre de formation vun den CFL an der Rue de la Déportation zu Hollerech. Hei sollen ënner anerem Formationszäll entstoen esouwéi Examenszäll, Ateliers, Bürouen, Reuniounsazäll an en Drëttel vum Gebai ka fir aner Servicer oder fir d'Locatioun zur Dispositioun gestallt ginn.

Da komme mer zu engem e bësse méi technesche Projet. Hei geet et ëm d'Amélioratioun vun der Konnektivitéit um gesamten nationale Schinnereseau, ëm Etüden an ëm Pilotprojeten, fir à terme eng performant an duerchgeend Konnektivitéit um Schinnereseau entstoen ze loossen esouwéi Synergien tëscht dem kommenden europäeschen Eisebunnstelekkommunikatiounssystem an den éffentleche Mobilfunknetzer ze sichen. Dozou gehéiert natierlech och, dem Client eng optimal Qualitéit während dem Zuchfueren ze bidden.

Beim Projet Nummer 43 an der Lëscht soll am Kader vun den neien Terminals intermodaux zu Beetebuerg e Centre routier sécurisé fir Camionschauffeuren entstoen. Et ass virgesinn, datt eng weider Zone de stationnement créiert gëtt. Propere Sanitäreanlagen an anstänneg Iwwerwachungsmeiglechkeete solle fir d'Chauffeure geschaf ginn, esouwéi eng agreabel Picknickzon an e flotte gréngen Ausseberäich.

Déi zwee lescht Projete vum Fonds du rail si méi typesch Eisebunnprojeten, déi alle béid de Secteur Beetebuerg betreffen, wat, wéi Der wësst, déi zweetwichtigst Gare am Land ass a wou gréisser Moderniséierungsarbechten usti respektiv scho länger amgaange sinn.

An deem Sënn geet et heibäi ëm d'Actualisatioun vu Fonds-du-rail-Projeten, déi fréier schonns op der Lëscht vun de Grands projets stoungen an déi à terme e ganz considerabelen Impakt – souwuel op de Wuerentransport wéi op de Passagéiertransport per Zuch – wäerten hunn.

Konkreet geet et beim 44. Projet vun dëser Lëscht ëm eng komplett Modernisatioun vun der Gare Beetebuerg: confortabelen a sécheren Accès op d'Quaien, d'Ëmgestaltung vun der Gleisféierung fir eng méi effikass Gestiou vun den Zich an natierlech och e multimodale Pôle d'échange.

D'Gare soll esou ausgebaut ginn, datt permanent pro Streck zwee Quaien zur Verfügung stinn. Sait Dezember 2021 entsprécht d'Gare endlech den Ufuerderungen fir Persounen à mobilité réduite – dank dem Accès iwwert déi nei Passerelle. Mat dësem Projet gëtt awer och elo de besteeënde Souterrain reamagéiert an d'Fouss- an d'Vélosweeër sollen esou ugepasst ginn, dass souwuel den Accès zur Gare wéi och d'Konnexioun tësche Quartieren optimiséiert gëtt.

An den zweete Projet fir de Secteur Beetebuerg betrëfft, wéi gesot, de Wuerentransport. Hei geet et ëm eng Moderniséierung vu Gleisinfrastrukturen aus den 80er-Joren an eng Vergréisserung vum Areal fir zousätzlech Kapazitéiten an och ëm eng wichteg Optimisatioun fir de Passage vun internationale Gidderzich, déi iwwer eis Lëtzebuerg Deelstreck vum EU-Schinnkorridor tëscht der Nordsee an dem Mëttelmier fueren.

Och wann et just de Secteur Beetebuerg betrëfft, ass de Volume vun dësem Projet wierklech considerabel. Fir just e puer Zuelen als Beispill ze nennen, déi d'Wichtigkeet vun der Gare Beetebuerg fir eis national an international Schinnbeweegungen illustréieren: Eleng fir dësse Projet musse ronn 150 Weichen erneiert ginn a ganzer 60 Kilometer Schinnen erneiert ginn, wat graff 10 % vun der Schinnelängt vum gesamte Lëtzebuerg Netz ass! A mat dësem Projet

wäerten d'Anlagen iwwregens och esou erweidert ginn, datt och déi zukünfteg méi laang europäesch Gidderzich vu bis zu 850 Meter Längt hei effikass kënnen geréiert ginn an esou de Wuerentransport per Schinn esou attraktiv wéi méiglech gëtt.

Une voix | Très bien!

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | An da komme mer bei dee leschte Block vun der Lëscht, dee mat de siwe Projete vum Fonds Belval. Bei den éischten zwee Projete vum Fonds Belval geet et ëm Infrastrukture fir de Lëtzebuerg Spacecampus. D'Strategie an dësem Beräich gesäit vir, datt déi éffentlech Fuerschungsaktivitéiten am Spaceberäich um Site Belval regroupéiert sinn, während déi privat Acteuren sech am ParcLuxite op der Kockelscheier solle regroupéieren.

Beim éischte Projet vum Fonds Belval geet et drëms, als éischt Phas e wichteg Schlësselement opzeरीichten, an zwar d'Gebai fir den 2020 gegrënnten European Space Resources Innovation Centre, kuerz ESRIC, dee beim LIST ugesidelt ass. An dëser Hal soll e grouse Weltraumlabo entstoen, mat enger spezieller Vakuumkummer, déi et erlaabe soll, Konditiounen wéi um Mound ze simuléieren.

A mam zweete Projet, deen awer eréischt als zweet Phas geduecht ass, wäert dann ee méi groust Gebai derbäikommen, wou dann all weider Weltraumfuerschungsaktivitéiten vum ESRIC, vun der Lëtzebuerg Weltraumagentur a vun der Uni kënnen regroupéiert ginn, inklusiv engem Space-Master als Studiemeiglechkeet.

De Fong gesäit a sengem Infrastrukturplanning des Weideren e groust Gebai vu ronn 33.000 Meterkaree Surface vir, dat abordabel Locatiounswunnengen, zousätzlech Büroflächen fir staatlech Servicer an och fir de Commerce wäert bidden. De geneeë Programm gëtt grad zesumme mat de betraffene Verwaltungen respektiv de Ministèren ausgeschafft.

Déi zwee nächst Projete betreffen de Bau vun zwee agreéierten Europaschoulen um Belval respektiv vun enger provisoirescher Struktur an enger definitiver. Bei der definitiver Europaschoulinfrastruktur geet et ëm e ganze Schoulkomplex, dee souwuel eng Schoul offer am Primär wéi och am Secondaire fir de Süde vum Land ubidde soll, inklusiv den noutwendegen Sportinfrastrukturen, de Structures d'accueil an enger Kantinn.

Gläichzäitg soll awer och scho separat eng provisoiresch Schoul opgericht ginn, fir scho méi schnell kënnen d'Kapazitéiten am Primaire fir de Süde vum Land ze erweiden an gläichzäitg och schonns Kanner sur place um Belval ze hunn, déi spéider dann onkomplizéiert kënnen um Belval an de Secondaire wiesselen.

Da si mer och schonns bei deenen zwee leschte Projeten ukomm. Dir kennt warscheinlech alleguerten de Bürotuerm direkt lénks nieft der Rockhal, wou d'Waasserwirtschaftsamt an d'Ëmweltverwaltung Bürouen a Laboen hunn. Fir justement de mëttel- a laangfristegen Besoine vun dëser Verwaltungen gerecht ze ginn, préift de Fonds Belval gäre verschidde Méiglechkeeten, fir dës Gebai ze vergréisseren, sief et, andeems een e puer Stäck dropsetzt oder et säitlech vergréissert oder eebe béides. De geneeë Programm gëtt hei eréischt ausgeschafft.

A beim leschte Projet fir haut geet et ëm d'Gebai mam Numm „Laboratoires Ingénieurs“. Dës Ingenieurlaboe gehéieren zu engem Grupp vun Gebaier, déi nordëstlech vun den Héichuewenenterrasse leien. En éischt Gebai vun dësem Grupp, déi sougenannt „Halle d'essais Ingénieurs“, gouf als éischt gebaut, an d'Ingenieurlaboe sollen elo an enger zweeter Phas derbäigebaut ginn. Déi ursprénglech Pläng vu just engem Fligel hu

sech awer als ze kleng erweisen, soudatt de Projet elo zwee zousätzlech Fligele fir dës Laboe virgesäit.

Esou vill zu den 52 Projekte vun der Grands-projets-Lëscht fir d'Sessioun 2022/2023. D'Kommissiounsmitglieder hunn an der Sitzung vum 6. Dezember hiren Aval zum virleiende Rapport ginn a proposéieren och der Pleniëre, der Regierung d'Zoustëmmung zum weideren Ausschaffe vun dësen 52 Projekten ze ginn.

An deem Sënn iwwerreechen ech Iech, Här President, déi üblech Motioun, mat där d'Chamber hir Zoustëmmung zu dësen Projekte gi kann. Wannechgelift.

Motion 1

« Grands projets d'infrastructure réalisés par l'État »

La Chambre des Députés,

vu, d'une part,

– la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure ;

– la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics ;

vu, d'autre part,

– l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 ;

– la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 adoptée suite à la présentation de l'avis précité ;

– les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre ;

vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « Grands projets d'infrastructure Travaux publics » du 23 octobre 2008 ;

considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002 ;

vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD), présentée lors des réunions des 24 et 30 novembre 2022 de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics ;

considérant que, suite à l'entrée en vigueur de la loi du 8 juillet 2021 modifiant la loi modifiée du 25 juillet 2002 portant création d'un établissement public pour la réalisation des équipements de l'État sur le site de Belval-Ouest, l'établissement public Fonds Belval n'a plus besoin d'être autorisé au préalable par une loi spéciale pour pouvoir mettre en œuvre un projet d'infrastructure. Désormais, le Fonds Belval applique, en tant qu'établissement public, les mêmes conditions de transparence et d'accord de principe pour la réalisation de ses projets de construction ou de transformation pour le compte de l'État que les administrations

publiques. Ses projets s'ajoutent donc comme nouvelle catégorie de financement à la liste annuelle des grands projets d'infrastructure soumise pour approbation à la Chambre des Députés ;

considérant que, suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission de la Mobilité et des Travaux publics a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée ;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2023 afin de garantir les objectifs suivants :

a. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs :

• Château de Senningen : transformation du château et du centre de conférences (1)

• Réhabilitation du site de Cinqufontaines (2)

• Centre national de collections publiques à Dudelange (3)

• Police et bâtiment administratif à Dudelange (4)

• Infrastructures logistiques et cyber au Herrenberg (5)

• Bâtiment administratif, sis route d'Arlon à Luxembourg-Ville (6)

• Théâtre national du Luxembourg : rénovation et extension (7)

• Bâtiment administratif, sis rue Bender à Luxembourg-Ville – transformation (8)

• Administration de la nature et des forêts à Dudelange (9)

b. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires :

• Château de Sanem – Annexe E.H.T.L (10)

• Lycée de Garçons à Luxembourg : extension et réaménagement (11)

• École nationale pour adultes et Université populaire à Luxembourg-Kirchberg (12)

• École internationale Anne Beffort (primaire) (13)

• Château de Walferdange : rénovation et assainissement (14)

• École internationale Gaston Thorn à Cessange (15)

• Infrastructures sportives à Bonnevoie (16)

c. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux :

• Structures pour demandeurs de protection internationale à Batzeldelt/Wiltz (17)

• A.I.T.I.A. Schifflange – construction de structures pour enfants et mineurs en détresse (18)

• A.I.T.I.A. Soleuvre – construction de structures pour enfants et mineurs en détresse (19)

d. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'entretien et de rénovation :

• Antenne régionale du MENEJ à Esch-sur-Alzette (20)

e. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes :

• Échangeur Haneboesch / Liaison A13-CR175A (21)

• Redressement du CR158 à Roeser (avec les OA 1267, 1266 et A85) (22)

• Quartier Midfield : tunnel enjambant l'autoroute A3 (23)

• Infrastructures multimodales de mobilité en relation avec la friche d'Esch/Schiffange et le site « Metzerschmelz » (24)

• Futures infrastructures multimodales en relation avec le site Belval (25)

• Réhabilitation de l'OA 784 « Boufferknupp » sur la route nationale N7 (26)

• Réhabilitation de l'OA 1001 « Viaduc de Mamer » sur l'autoroute A6 (27)

• Réhabilitation de l'OA 1006 « Échangeur Capellen » sur l'autoroute A6 (28)

• Reconstruction de l'OA 1009 « Hagen-Garnich » portant la PC12 par-dessus l'autoroute A6 (29)

• Réhabilitation de l'OA 1041 « Viaduc Droosbaach » sur l'autoroute A1 (30)

• Réhabilitation de l'OA 1043 « Hamm » sur l'autoroute A1 (31)

• Réhabilitation de l'OA 1047 « Viaduc Hamm » et de l'OA 1049 « Viaduc Itzig » sur l'autoroute A1 (32)

• Réhabilitation de l'OA 1065 « Triage » sur l'autoroute A13 (Bettembourg) (33)

• Réhabilitation de l'OA 1120 « Viaduc Ingeldorf » sur la B7 (34)

• Réhabilitation de l'OA 1122 « Viaduc Schieren » sur la B7 (35)

• Réhabilitation de l'OA 1131 « Viaduc de la Syre » sur l'autoroute A1 (36)

• Réhabilitation de l'OA 1135 « Viaduc de la Haute-Syre » sur l'autoroute A1 (37)

• Réhabilitation de l'OA 1176 « Viaduc Kaltgesbréck » et de l'OA 1177 « Viaduc Neudorf » sur l'autoroute A1 (38)

• Réhabilitation des OA 1278 « Échangeur de la route de Trèves », OA 1279 « Glaasbourgronn » et OA 1280 « Glaasbourgronn » sur l'autoroute A7 (Grünwald) (39)

f. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail :

• Ligne Luxembourg-Troisvierges – Point d'arrêt Schieren : suppression des passages à niveau PN27a et PN27b et reconstruction de l'arrêt (40)

• Construction d'un nouveau bâtiment pour le centre de formation des CFL (41)

• Amélioration de la connectivité le long du réseau national (42)

• Plateforme multimodale Bettembourg-Dudelange : Centre routier sécurisé (43)

• Gare de Bettembourg : modernisation et mise en conformité des infrastructures ferroviaires du secteur voyageurs (44)

• Gare de Bettembourg : modernisation du secteur fret (45)

g. En ce qui concerne le Fonds Belval :

• Space Campus – phase 1 : Halle ESRIC (46)

• Space Campus – phase 2 : Bâtiment laboratoires et recherche (47)

• Bâtiment mixte (logements et bureaux) (48)

• École européenne agréée (49)

• École européenne agréée provisoire (50)

• Extension du Bâtiment administratif (51)

• Laboratoires Ingénieurs : construction de deux ailes (52)

(s.) Chantal Gary, Frank Colabianchi, Jeff Engelen, Marc Goergen, Aly Kaes, Carlo Weber.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci villmools.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Dës Motioun ass vu sechs Fraktiounen a politesche Sensibilitéiten heibannen ënnerschriwwen a fuerdert d'Regierung op, déi néideg Planungsschrëtt ze lancieren, fir datt déi ernimmt Projekte kënnen ëmgesat ginn.

Ech ginn net weider op den Detail vun dëser Motioun an. Bis op d'Lëscht vun de Projeten an eng kuerz Erklärung zu der Erweiterung vun der Prozedur op de Fonds Belval ass et déi nämmelech Motioun, wéi se alljoers heibannen erëmkënn.

Ech wëlt dann zum Schluss nach dervunner profitéieren, fir alle bedeelegte Beamten a Responsabele vun den Administratiounen vu Bâtiments publics, vu Ponts et chaussées, vun de CFL a vum Fonds Belval e grouss Merci fir d'Preparatioun an d'Presentatioun vun de Projeten an eiser Kommissioun ze soen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domadder schléissen ech mä Rapport of an ech ginn direkt och den Accord vun der grénger Fraktioun fir d'Motioun.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och.

An den éischte Riedner ass den Här Aly Kaes fir d'CSV. Här Kaes, Dir hutt direkt d'Wuert.

Débat

M. Aly Kaes (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci der Madamm Rapportrice Chantal Gary fir d'Presentatioun vun deene ganz ville Projeten, déi op der Lëscht stinn. Si huet dat exzellent gemaach.

Erlaabt mir, op e puer Projeten anzegoen. Et géif ze wäit féieren, nach eng Kéier déi 52 Projeten am Detail Revue passéieren ze loossen. Iwwregens wëll ech awer soen, datt mä Kolleeg, den Här Marc Lies, kuerz nach op de Quartier Midfield ageet. Hien ass beschtegens placéiert, fir do nach eng Rei Iwwerleeungen unzustellen.

Den éischte Projet, op deen ech wëll agoen, ass a sech dee vu Cinqfontaines. Et ass richtig, datt de Staat déi Gebailechkeete vun deem fréiere Klouschter kaaft huet an datt an deem Gebai oder an där Enceinte eis Geschicht net verluer geet, mee datt se opgeschafft gëtt an datt a sech de Leit dat fréiert Liewen och zu enger méi däischterer Zäit an deene Gebailechkeete méi no bruecht gëtt. Besonnesch wat d'Juddeverfolgung ubelaangt, ass et ganz kloer, datt dat eng gutt Saach ass, an dat kann eis Partei nëmmen ënnerstëtzen.

Dann ass et och esou, datt iwwert de Service national de la jeunesse jo eng ganz Rei Aktivitéiten do wäerte stattfannen, besonnesch wat d'Formatioun ubelaangt. Et wäerte Leit kënnen do wunnen. Och datt ass, mengen ech, ganz gutt. Ganz gutt ass och, datt am Kader vun där Formatioun virun allem awer och iwwert de Wäert – den enorme Wäert, wëll ech betounen – vu Mënscherechter soll do eduquéiert ginn. Bon, méi wëll ech net zu deem Projet soen.

Dann, et sinn eng ganz Rei Brécken opgezielt ginn, déi a sech, et ass gesot ginn, no 10 Joer eng kleng Revisioun, no 30 Joer méi eng grouss brauchen, wann een dat esou ka formuléieren. Ben, den Här Minister wäert sech net wonneren, datt déi Brécken, déi op der N7 respektiv tëschent der A7 an der N7, mer besonnesch um Häerz leien, well se natierlech och d'Hauptachs fir den Norde sinn. Dat geet iwwert déi zwou Brécken an et ass ganz kloer, datt déi musse sanéiert gi wéi déi aner och – keng Diskussioun.

Mee déi Reflexiounen, déi gefouert ginn, fir eventuell déi Brécken ..., well jo do am Kader vun dem Ausbau vun der Nordstad a sech soll bis op de Rond-point Fridhaff véierspuereg ginn, datt do fir d'éischt déi zwou weider Spuere gebaut ginn, ier dann deen Aménagement hei oder dee Redressement vun deenen

zwou Brécken, vun deenen zwee Viaducke laanscht Angelduerf a laanscht Schieren ... ass et, mengen ech, extreem wichteg ...

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Jo, et ass a sech aneschtens net ze maachen. Wa mer net wëllen dee ganze Verkéier duerch d'Agglomération féieren, da mussen effektiv déi zousätzlech Brécke gebaut ginn, fir datt de Verkéier dann iwwert déi Brécke geet an déi aner da kënnen an d'Rei gesat ginn a mer, wann déi dann an der Rei sinn, eng Véierspueregkeet mindestens emol bis de Rond-point Fridhaff hunn, wat e Stéckelche vun deem ass, wat – an ech soen dat ganz kloer – nach ëmmer a mengem Kapp an a menger Iwwerzeegung ass, nämmelech déi N7 op véier Spuere bis op d'Wemperhaart auszubauen.

Richtig ass och an deem Kontext, datt jo d'nächst Joer soll de Contournement House realiséiert ginn – oder ugefaang, realiséiert ze ginn. Och do muss ech nach eng Kéier hei betounen: Et ass gutt, datt changéiert ginn ass. Am Ufank, ganz am Ufank, sollt nëmmen een Tunnel gebaut gi mat zwou Spueren. Et ass elo e Contournement mat zwee Tunnelen a jeeweils zwou Spueren, wou – an ech mengen, dat hunn ech dem Här Minister scho méi dacks gesot – hie meng voll Zoustëmmung derfir huet.

Da wollt ech awer ... Ech wëll net weider op déi N7 agoen, mee ech wëll awer trotzdeem den Här Minister froen, wéini endlech déi Projeten an der Lëpschter Dällt an och op der Closdellt ugin, well bedenkt och nach, datt elo en Tunnel op der Nordstreck zou ass fir eng länger Zäit, well iwwerzeegt konnt nach kee mech – oder konnt nach keen eis –, datt mer a sech bis den Abrëll/Mee sollen do fäerdeg sinn. Do ass awer nach eng Rei Fragezeichen. An dat féiert awer derzou, datt mer zousätzlech Verkéier hunn, notament all déi Busser, déi zousätzlech agesat gi sinn. Dat heescht, op där Nordstrooss ass et effektiv net méi ... op der Lëpschter Dällt an och op der Closdellt ass et extreem geféierlech an och eriwier fir op Méchela ass et esou geféierlech ...

(Interruption)

... a bal onméiglech, fir sech do anzureien, fir dann a sech dohinner ofzebéien. Duerfir muss onbedéngt eppes an där Hisiicht geschéien! Voilà, dat zu deenen zwee Projeten.

Da wollt ech awer och nach op de Projet am Suessemers Schloss agoen. Do soll eng Antenn vun der Hotelsschoul gebaut ginn; eng Antenn vun der Hotelsschoul, wou fir 234 Schüler, mengen ech, Plaz soll sinn. Mir begrëssen dat absolutt, datt och am Süden eng Antenn gebaut gëtt an deem do Beräich. Et muss een awer trotzdeem erwänen, éischstens, datt den Haaptsätz vun der Hotelsschoul awer do bleiwe soll, wou en ass – och datt muss ee verstoen, datt ech dat soen –, an zweetens, datt bei der besteeënder Hotelsschoul, déi jo awer och eng Rei Joren um Bockel huet, awer eng Rei vun Aménagementen geschéien, notament datt och déi Hotelsschoul op den neiste Stand gesat gëtt, fir datt se awer och, wat d'Formatioun ugeet, Equivalenzen zu deem huet, wat een eventuell am Süden ëmsetzt.

Da wollt ech nach op den Härebierg agoen. Als direkten Noper läit den Härebierg engem natierlech um Häerz. An op där anerer Säit, mat all deem, wat mer an deene leschte Méint, an deem leschte Joer an och doriwwer eraus hu mussen an Europa, wäit iwwer Europa eraus, materiewen, ass et wichteg, datt mer gutt Infrastrukturen hunn; Infrastrukturen hunn, déi ugepasst sinn un déi Besoinen, un déi Aufgaben, déi eist Militär huet. An do sinn, mengen ech, d'Dronen, fir nëmmen dat ze soen, och e wichteg Element a

sengen Aufgaben. An et ass also och wichteg, datt op deem Härebierg déi néideg Infrastrukture geschaaft ginn, fir onbemannt Fluchkörper, wéi een dat och nach nennt, fir déi a sech ënnerdaach ze setzen.

Dann den Datacenter, och dat ass ... D'Madamm Gary ass dorop agaangen; ech wëll net weider dorop agoen. Da soll jo och nach e Konferenzzenter an och Stockage an deem Gebai geschéien, wat absolutt ze ënnersträichen ass. An ech wëll ganz kloer soen, datt, wéi 1955 deen Zenter, jo, gebaut ginn ass, de Centre militaire Grand-Duc Jean, da war dee viru Joren an engem dach awer relativ miserablen Zoustand, oder vill Elementer dervun. Et ass awer ganz viles mëttlerweil geschitt bei der viregter Regierung schonn, dat heescht och ënnert der CSV. Wéi d'CSV nach an der Regierung war, ...

(Brouhaha)

... ass zum Beispill och Verschiddenes ... Ech mengen, dat kann ech awer roueg soen. Et ass jo awer kee Verbrieche!

Une voix | Nee.

M. Aly Kaes (CSV) | Oder ass dat e Verbrieche, wann och mir heiansdo eppes gutt maachen? Vläch ass dat awer och e bësse selbstverständlech, well mir hunn awer iwwer Joren a Joerzénge an deem Land hei viles beweegt. Dat muss een einfach eng Kéier soen!

(Brouhaha)

Dofir geet et net, datt een einfach ... Jo, ech wëll mech net äusseren zu deem ...

M. Gilles Roth (CSV) | Sot, Här Kaes ...

M. Aly Kaes (CSV) | ... wéi ech dat kéint interpretéieren, wat elo grad geschitt ass. Ech fannen, wichteg ass, datt den Härebierg ausgebaut ginn ass. Wichtig ass, datt den Härebierg esou modern gëtt, wéi a sech e Militärzenter haut ze sinn huet, wann e wëll Member vun der NATO sinn. An dat ass amgaang ze geschéien!

Mir hu sécher nach Saachen, déi net gutt sinn. Ech denken zum Beispill un de Schéissstand, wou och esou laang schonn eppes sollt geschéien, wou leider Gottes nach näischt geschitt ass, mee och do ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | De Projet de loi ass an der Ausarbeitung.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech weess, awer ech kucken och, wat an der Realitéit ass nach ëmmer, ech hunn dat ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Dir musst oppassen, net datt Der Iech elo verrennt, well de Bleesdall, de Schéissstand, deen ass schonn an engem schlechten Zoustand zënter 25 Joer.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech hunn net gesot, datt dat heiten ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | An ech hunn déi lescht Joren dofir ... Ech wëll Iech dat just soen.

M. Aly Kaes (CSV) | Ech hunn net gesot ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Wann et net séier genuch gaangen ass, da musst Der och do eng Responsabilitéit an d'Vergaangenheet siche goen.

Une voix | Jo, jo!

M. Aly Kaes (CSV) | Jo, ma natierlech. Mir hunn dat zesummen a ville Saachen ... Dat ass iwwerhaupt kee Problem. Et goug elo net drëm, hei iergendeppes ze kritiséieren oder een ze kritiséieren. Mee Dir musst

mer awer Recht ginn, Här Minister, dass dee Schéissstand net an deem beschten Zoustand ass. Dat ass eng Realitéit a mir mussen onbedéngt ..., well soss hätte mer jo kee Projet de loi gemaach, fir dee Schéissstand auszubauen. An duerfir, mengen ech, ass et ganz wichteg, dass och esou séier wéi méiglech dee Projet ëmgesat gëtt. Et geet nämlech net duer, nëmme Projet-de-loien ze hunn, et muss ee se awer dann och ëmsätzen. Dat ass eng Realitéit. Voilà:

Da wollt ech soen, dass ... Domadder sinn ech a sech, wat d'Projeten ugeet, wëll ech net méi drop intervenéieren. Ech wëll awer nach soen, dass den Här Minister, an da gesitt Der, dass ee soll konstruktiv och als Opposition matschaffen: Dir hutt an enger vun deene leschte Kommissiounssätzungen erwänt, dass déi 10 Milliounen respektiv déi 40 Milliounen – déi 10 Milliounen, fir e Projet vun der Grande infrastructure ze sinn, respektiv déi 40 Milliounen, fir e Finanzierungsgesetz ze maachen –, dass dat; bedéngt doduerch, dass eng bestëmmten Evolution vun de Präisser dach awer ass an dass d'Präisser enorm geklomme sinn ...

Mir wëssen dat alleguerten, mir brauchen net drop anzegoen, dass mer a sech déi Seule missten eventuell adaptéieren. Ben, ech kann Iech soen: Dat ass diskutéiert ginn an eise Reien a mir sinn oppen, fir esou eng Diskussioun ze féieren. A mir mengen, dass awer och do d'Evolution vum Bauindex a sech eventuell misst berücksichtegt ginn, fir déi Seulen ze adaptéieren, dass dat e bëssen an där Gréisstenuerdnung wier. Voilà: Dir gesitt also, mir hunn direkt dorop reagiert, wéi Der déi Iwwerleeungen ugefouert hutt. An ech mengen, et ass och richtig, fir do eppes ze maachen.

Bon, dat gesot, géif ech natierlech ..., an ech mengen, d'Rapportrice huet et scho gesot, och d'CSV huet natierlech déi Motioun ënnerschrifwen an ass och gäre bereet, fir déi Motioun positiv ze stëmmen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kaes. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Frank Colabianchi.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Här Colabianchi, Dir hutt d'Wuert.

M. Frank Colabianchi (DP) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi lescht Méint a Joren hunn eisem Land an eise Bierger enorm vill ofverlaangt.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Wéi mer duechten, mir hätten déi éischt Kris, d'Pandemie, hallefweegs iwwerstan, si mer mam russeschen Iwwerfall op d'Ukrain enges Besseres beléiert ginn an direkt mat der nächster Kris konfrontéiert ginn. Weltwäit war den Impakt op d'Ekonomie enorm an och mir zu Lëtzebuerg spieren d'Nowéie respektiv d'Wirkungen op eis Wirtschaft, op eis Staatsfinanzen an an eiser Gesellschaft.

Dass Lëtzebuerg et awer dach relativ gutt duerch dës Kris gepackt huet, wann ee mat anere Länner vergläicht, läit zu engem groussen Deel un den zolitte Staatsfinanzen, déi ons iwwert déi lescht zwee bis dräi Joer gehollef hunn, de wirtschaftleche Réckgang anzedämmen an de finanzielle Schock fir Land a Leit ofzufiedere. Duerch déi virsiichteg Finanzpolitik vun onser Regierung konnt der Wirtschaft do ënnert d'Ärm gegräff ginn, wou si et am dréngendste gebraucht huet, an d'Bierger dobausse sinn och ënnerstëtzt ginn, fir dass et eis all zesumme méiglech war, duerch dës schwéier Zäiten ze kommen.

Mee wéi et richtig heescht: „Man soll den Tag nicht vor dem Abend loben!“

(Interruption)

Effektiv, mir sinn nach net duerch de Bësch an eist Land steet och elo nach ëmmer viru groussen Erausforderungen. Ma trotz alle Krisen ass et fir d'DP ganz kloer, dass mir net kënne stoe bleiwen. Jo, d'Zäite sinn haart, mee grad elo ass et net, fir de Kapp an de Sand ze stiechen an ofzewarten, mee et gëllt virunzemaachen, fir aus de Krisen ze léieren a fir d'Kris als Neistart ze notzen, als Chance ze gesinn. Elo ass net de Moment, fir d'Handbrems ze zéien, Austeritéitspolitik ze bedriewen an domat op falsche Plaze bei wichtige Projeten ze spueren.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Déi Meenung gëtt heibanne breet gedeelt. Mir mussen eis Efforte konsequent viruféieren, den Invest an eis Wirtschaft an an eis Gesellschaft weiderdriewen an den Erausforderungen mat Wëllen an Energie entgéintrieden, fir eist Land weider prett fir d'Zukunft ze maachen!

Lëtzebuerg ass e Land am Wandel an e Land mat engem enorm héije Potenzial. An dëst Potenzial muss voll ausgenutzt ginn! Lëtzebuerg ass modern, vital, dynamesch a virun allem voller Iddien a Wëllensstärkt. Dëst gëllt et just elo an deene méi schwéieren Zäiten ze notzen, mam Zil, fir den zukünftige Generationen eng nohalteg a modern Welt ze hannerloossen!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, viles kënnt nach op eis zou, ma ganz vill ass awer scho geschitt. Iwwert déi lescht Jore sinn eng ettlech Projeten an eisem Land a fir eist Land realiséiert ginn, all mam Zil, Lëtzebuerg méi modern, méi attraktiv, méi effikass an och méi schön ze maachen, an deem et sech gutt lieue léisst a wou d'Wuelbefannen an d'Liewensqualität vu senge Bierger am Mëttelpunkt stinn.

Ech denken hei un den Tram, e Projet, deen oft ernimmt gëtt. Ma et ass e Projet, deen elo schonn e groussen Impakt op eist Landschaftsbild, ma och op d'Verhale vun de Leit dobaussen huet. Als DP freeë mir eis ze gesinn, dass et virugeet. D'Plaz virun der Gare huet sech elo schonn immens verännert, den neien Arrêt zu Bouneweg ass fäerdeg an och den Tronçon um Ban de Gasperich Richtung Stadion kënnt gutt virun.

Ech denken un den Ausbau vun der A3, deen och avancéiert a wou jo elo ufanks Oktober déi nei Bréck fir d'Zuchstreck Lëtzebuerg–Beetebuerg iwwert d'Autobunn placéiert ginn ass.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | An esou ginn et heidoneft nach vill aner Projeten, déi ech elo net all wëll ernimmen, well meng Vir- an Noriedner stellen der jo och nach verschiddener an d'Vitrinn.

All dës oder fréier Projekte sinn oder ginn an Ugrëff geholl, fir duerno déi gesamt Infrastrukturen hei am Land op engem séier héijen Niveau ze hunn. Dir Dammen an Dir Hären, dës massiv Investissementer sinn net just Investissementer an d'Land, et ass en Invest an eis Ekonomie an dem Land seng Attraktivitéit, also och an eise finanzielle Wuelstand an domat an eise Liewensstandard, an eisen Alldag.

Fir dese Liewensstandard weider ze garantéieren an héichzehalen, wärte mir och an Zukunft Investissementer an eis Infrastrukturen mussen tätigen, virop an d'Sanéierung vun deene Strukturen, déi scho bestinn an déi jo un d'Verhältnisse an d'Exigenz vun eiser Zäit mussen ugepasst ginn.

Eng ganz Rei Projekte gesinn deemno vir, eise Stroosse-reseau den aktuelle Konditioneuren an Ufuerderungen unzepassen. Dat bedeit net just eng Verbesserung an eng erhéicht Sécherheet vun eise Stroossen; et bedeit, de Multimodalitéitsmodell virunzedriewen, onst Stroossennetzwerk integral ze analyséieren an ze kucken, wéi een et am beschten hikritt, fir d'Leit esou séier, esou sécher an esou propper wéi méiglech vun A op B ze bréngen.

Och de Klimawandel spillt selbstverständlech eng grouss Roll. Mat engem méi effiziente Stroosse-reseau kënne mir net nëmme fir Zäiterspuernisser suergen, mee mat effikasse Pôle-d'échange, séiere Vëlosweeër a strateegesch placéierten Infrastrukture kënne mir och Staue reduzéieren, individuell Transportweeër erméiglechen, de Klima schützen an esou eng besser Liewensqualität fir jiddereen erméiglechen.

Och d'Wirtschaft wäert a muss weider stimuliert a gestärkt ginn. Mir mussen der Industrie, der Geschäftswelt an den Entrepreneure weider de Réck stäipen, well op hinne rout e groussen Undeel vum Erfolleg vu Lëtzebuerg. Als Aushängeschëld férdert eng gesond Wirtschaft d'Attraktivitéit vum Land a si bedeit méi Aarbechtsplazen a Beschäftegung fir d'Awunner an e Wuesstem, vun deem um Enn jidderee profitéiert. Mir si frou, dass och hei Projekte virgesi sinn.

Ech mengen, mäi Virriedner, den Aly Kaes, huet am Detail den Norden ënnert d'Lupp geholl an ech ka vun dëser Plaz soen, e kann och op de vollen Ap-pui vun eise Kolleeg André Bauler zielen, dee mer nach geflüstert huet, ech misst onbedéngt mat era-bréngen, dass d'Nationalstrooss am Norden net am beschten Zoustand wär an och do eppes sollt geschéien. Dat hunn ech heimadder gemaach.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Ech wollt awer op dëser Plaz, ...

M. André Bauler (DP) | Den Här Kaes kann dat confirméieren.

M. Frank Colabianchi (DP) | ... ech wollt awer op dëser Plaz de Süden als Beispill huelen, wou sech iwwert déi lescht Jore vill gedoen huet. Och hei ginn et Pläng, sou zum Beispill de schnellen Tram op Esch oder och de Vëloswee, den Ausbau vum Campus Bel-val mam Space Campus, mat Laboratoire, mat Verwaltungen, mat akademeschen Institutiounen oder e Beispill och am Beräich vun der Schinneninfrastruktur mat der neier Verbindung Lëtzebuerg–Beetebuerg; Beetebuerg mat dem Ausbau vum Fret, wou nach iwwer dräi Hektar kënne viabiliséiert ginn, dëst am Interessi vum Wuerentransport iwwert d'Schinn. Och d'Moderniséierung vun der Gare Beetebuerg mam Bau vun enger Passerell iwwert d'Gleiser fir Foussgänger a Vëloen ass en interessante Projet.

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | Do maachen ech eng kleng Klammer op, Här Minister: Iwwregens gëtt et och eng Gemeng aus dem Zentrum, déi aus Eegen-initiativ esou e Projet ugeet a sech sécher iwwer e kleng Subsid freeë géif.

Une voix | O!

M. Frank Colabianchi (DP) | Alles dat sinn Investissementer, fir dese Site weider ze developpéieren, fir de Süden ze stäerken als ee vun deenen dräi Pölen hei am Land – Süden, Zentrum an Nordstad – a fir eist Land esou duerch e konsequentem Developpement uechtert all seng Regione méi attraktiv ze maachen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och d'Education mam Ausbau vun de schouleschen an akadeemesche Méiglechkeeten zu Lëtzebuerg bleift wichteg, eng beschtméigleche Education an deene beschtméigleche Konditioneuren ze kreéieren an domat jidderengem dës le départ déi selwecht Zukunftschancen ze bidden.

Als DP ass et eis immens wichteg, dass all Kand e gudden Start a säi Liewen an op eng sécher Zukunft soll hunn. Dofir begrësse mir och d'Investissementen, déi an deem Beräich scho gemaach goufen oder déi nach ustinn, sief dat d'Renovationen am Jongelycée, den Ausbau vun der École nationale pour adultes an d'Ariichtung vu Sportsanlagen oder och nach den Amenagement vu Klasesäll an der École internationale Anne Beffort oder Sanéierungsarbechten am Walfer Schlass. Alles dat si wichteg Investissementen, well dës Sue sinn, déi mir an d'Zukunft vun den haitegen an zukünftege Generationen investéieren, déi sech à long terme als nützlich a wäertvoll wäerte be weisen.

E weidere Beräich, deen absolut net därer ver giess ginn, ass de soziale Volet an eiser Gesellschaft. D'Zäite ware fir eenzel Leit scho virun net einfach a si si mat de Krisen, wéi mir se am Moment erliewen, sécherlech net méi einfach ginn. An dës ass nach ëmmer méi wouer fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft.

Eis Offices sociaux si gefuerdert a maachen, wat se kënnen. Déi sougenannten Centbutteker si besicht ewéi nach ni. D'Situatioun ass op muncher Plaz prekär. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mir als Staat weider an de soziale Beräich investéieren.

Als DP ass et ons och immens wichteg, keen am Reestoen ze loossen, ze hëllefen, esou gutt et geet, an déi Leit, déi et eleng net packen, mat Hëllef vum sozialen Netz opzefänken.

De soziale Volet ëmfaasst awer net nëmmen eiser Bierger, déi finanziell gestäipt musse ginn, neen, heizou, zum soziale Beräich, zielen och d'Mënschen, déi anerwäerteg Hëllef brauchen, zum Beispill Kanner, déi net méi doheim kënnen bleiwen an a Foyere mussen ënnerkommen, oder Flüchtlingen, déi hiert Land hu misse verloossen, déi doheim vläicht alles huten an déi elo hei bei eis virum Näischt stinn an net wëssen, wéi se erëm op d'Been solle kommen.

Als DP begrësse mir, dass och hei weider Investitiounen geplangt sinn, notament a Struktur fir Demandeurs de protection internationale zu Wolz a fir Kanner a Jugendlecher a Foyeren an Dagesstrukturen zu Schëffleng, Zolwer an Esch. Mir mussen eis fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft asetzen, se opfänken a se schützen. Dat ass keng Aarbecht vum Staat, dat ass eng Pflicht fir de Staat! An dofir sinn och dës Investissementen vu grousser Wichtigkeet an als DP kënnen mer se nëmme begrëssen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt zweifeloun vill gemaach, awer et gëtt sécherlech och nach vill ze dinn. Kloer ass, dass net alles gläichzäiteg gemaach ka ginn, mee et brauch e Plang, a Prioritéite musse gesat ginn. Dës ass geschitt an ass an de momentanen Zäiten, wou duerch Krisen esou munches schwéier anzuschätzen ass, keng llicht Aufgab.

D'Finanzen, déi disponibel oder oft net disponibel Main d'oeuvre an dann nach d'Liwwerungsretarden an d'Verdeierung um Niveau vun enger ganzer Rei Material musse méi ewéi jee am A behale ginn, dës engersäits duerch eng responsabel Finanzpolitik, déi eis erlaabt huet, Margen ze schafen a fir esou méi schlecht an ongewëss Zäiten ze iwwerbrécken, anersäits duerch massiv cibléiert Investissementen,

dës am Transport, an der Schoul, am Sport, bei de Verwaltungen an esou weider, duerch déi et eis gelongen ass, d'Liewensqualitéit hei am Land kontinuierlech ze verbesseren.

Dozou gehéieren net nëmme sougenannte „grouss Projeten“ oder „ganz grouss Projeten“, déi engem méi direkt an d'A stichen. Dat war déi Jore virun och de Fall an och d'Projets d'infrastructure 2022–2023 si ganz divers. Och iwwert de „Wat maachen?“ an de „Wéini maachen?“ kann ëmmer diskutéiert ginn an et gëtt jo ëmmer diskutéiert, mee wann een all déi eenzel Puzzlestécker zesumme kuckt an alles als ee Grouss a Ganz betruecht, da wäert ee feststellen, dass dës alles zesummen e stännegen Developpement vum Land assuréiert, d'Zännrieder a -Riedercher aneneefalen, fir Lëtzebuerg Schratt fir Schratt ze verbesseren an an eng modern Zukunft ze féieren.

Deemno ënnerstëtze mir als DP och all dës Projeten.

Traditionell ass de Kleesche jo rout gekleet. Bei mengem Frënd Georges Mischo zu Esch gëtt esouguer e bloe Kleesche gefeiert.

Une voix | A!

Une autre voix | O!

M. Frank Colabianchi (DP) | An hätte mir dës Punkt leschten Dëschdeg, den Dag vum Zinnklos, um Ordre du jour gehat, dann hätt den Här Minister Bausch perfekt de Rôle vum grénge Kleesche kënnen iwwerhuelen, ...

Une voix | Très bien!

M. Frank Colabianchi (DP) | ... well 52 Projeten op enger Lëscht, dat ass et nach net ginn.

Spaass awer bei Säit an ech hoffen, dass ech elo keng Rutt vum President herno kréien. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren, Merci och dem Chantal Gary fir de flotte schrëftlechen a mëndleche Rapport an ech ginn heimat den Accord vu menger, dat heescht der DP-Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Colabianchi. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Carlo Weber. Här Weber, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Weber (LSAP) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, merci der Madamm Chantal Gary fir déi exzellente Rapporten a merci och fir déi gutt Organisatioun vun de Kommissiounssitzungen. Bei méi klengen Projete leeft dat ganz gutt iwwer Visiokonferenz, awer bei méi groussen Dossiere gi mer eis hei da Rendez-vousen um Krautmaart. Deemno: CO₂-Ausstouss spueren, Verkéiersentlastung an Zäitgewinn och fir eis!

Och wa meng Virriedner ausféierlech op déi iwwer 50 Projeten agaange sinn, wëll ech nach kuerz op verschiddener agoen. Eng Rei dervun hunn ech der elo natierlech gestrach, well dat ewell am Detail geschwat gouf.

Investissementen vun 3,4 Milliarde fir Mobilitéit an öffentlech Bauten: Speziell bei dësen Investissementen spiere mer eng enorm Hausse; Präisexplosioun a Liwwerungsknapp vum Baumaterial. Wat d'Baubranche am Privatsektor betrëfft, gëtt opgrond vun dëser dramatescher Präisentwécklung d'Handbrems gezunn.

De Staat entwéckelt sech virun a muss deemno dynamesch bleiwen, fir d'Firmen, d'Betrieb an engem Niveau ze halen. Den Invest an d'Wirtschaft an an d'Gesellschaft muss virugedriwwen ginn.

D'Mobilitéit muss funktionéieren, ass d'Grundlag vun eise Wuelstand an e wichteg Stéck vun enger

angeneemer Liewensqualitéit, wou all Dag muss dru geschafft a verbessert ginn.

Zu deene verschiddene Projeten: Ee wichteg Projete ass d'Securisation vum der Nationalstrooss am Norden. An deene letzten 20 Joer sinn do eng Rei vun trageschen, dramateschen Accidenter passéiert. Eis Famill war selwer betraff. Et erënnt mech ëmmer un eng traureg Situatioun. Déi traureg Momenter vergësst een net an et ass immens schwéier fir d'Famill, duerno dermat eens ze ginn. D'Sécherheet muss hei absolut Prioritéit hunn. D'Fuerspuere musen duerch eng Mauer getrennt ginn. Déi Aarbechte mussen onbedéngt weidergedriwwen ginn!

E weider wichteg Puzzlestéck a wichteg Element an deem Projete ass de Contournement vun Housen. D'Aarbechte ginn d'nächst Joer un an am Prinzip sollen déi 2028 fäerdeg sinn. Mat dëser Traversée gëtt den Zentrum vum Housen revaloriséiert an den Trafick berouegt sech an den Transitverkéier hält of a wäert fir eng besser Liewensqualitéit fir d'Awunner vun der Gemeng an der ganzer Regioun suergen.

Ech gi virun op Clief erop. Op der selwechter Streck, e bësse méi nördlech, ass de Projete vun der Transversale vu Clief, wou den éischten Deel am Juni vum Minister Bausch ageweit gouf a wou deen zweeten Deel am Laf vum nächste Joer fäerdeg soll ginn. Dës Strooss wäert d'Industriezon Lentzweiler mat der Nord- an Ostachs verbannen, déi Richtung Belsch respektiv Däitschland lafen. Dës Projete bréngt eng Erliichterung fir de Verkéier op der N18, awer och fir d'Leit, well eebe grad déi kleng Dierfer a Gemenge vum Trafick entlastet ginn, besonnesch duerch Clief, Elwen an d'Uertschaft Aasselbuer an der Gemeng Wëntger.

Verschidde Contournemente stinn dann och nach op der Lee, wou ech awer net méi wollt drop agoen, well meng Virgänger ewell drop agaange sinn.

Ech kommen da bei d'CFL. Et sief virop gesot, dass de gratis öffentliche Transport, also d'Gratuitéit vum Service, deen eigentlech duerch d'Ewechfale vum Verkaf vu Billjeeë chiffriert gëtt, de Staat ënnert dem Stréch ronn 41 Milliounen kascht, wéi et op eng Question parlementaire vum Dan Biancalana a vu mir geäntwert gouf. Et muss ee wëssen, dass Lëtzebuerg en Champion ass, wat d'Investissementen an d'Schinnennetz ugeet. Bis 2026 soll de Staat 2,6 Milliarden an d'Schinnennetz investéieren.

Dat gesot, wëll ech awer ënnersträichen, dass et domadder net geden ass an de Staat weider virun an den Ausbau vum öffentlichen Transport investéieren an derfir suerge muss, fir eng qualitativ an effikass Offer ze garantéieren.

Zu de Gebaier: Et war ewell ugeschwat ginn, d'Gare zu Beetebuerg. Wat mer do besonnesch gefält a wat ech och viru Kuerzem an enger Question parlementaire e bëssen opgegraff hat: Hei gëtt eng grouss Zon, e grouse Busparking mat Vestiären a Schlofberäich, gemaach fir d'Chaufferen, déi d'Rouzáiten do kënnen anhalen. Et géif ee sech wënschen, dass mer landeswäit där Plaze méi kënnen etabléieren a bauen.

Dann Ettelbréck, e grouse Projete, deen net nëmme fir den Norde vum Land an d'Nordstad interessant ass, mee fir dat ganz Land eng enorm Wichtigkeet huet, dës Realisatioun vum Pôle d'échange vum der Ettelbrécker Gare, déi ewell 2018 lassgaangen ass an eis nach bis 2030 begleet wäert. Domadder wäert d'Ettelbrécker Gare eng vun deenen zentralen Achse vum eise Transportresau ginn, déi de Besoin vum zukünftege Generationen an der Entwécklung vum Land Rechnung droe wäert, eebe well hei véier gréisser Modüllen hannendrunhänken. Eng Busgare, souwéi en administrative Komplex an eng flott Jugendherberg sinn hei geplangt.

Nach eng wichteg Informatioun, oder vläicht ee Message, deen ech mat wëll ginn: Ech mengen, mir erliewen elo douewen am héijen Norden, wann eng Zuchachs, eng Schinn, zesummebrécht, dann ass dat ganz schwéier. A bedéngt duerch déi demografesch Entwécklung am Norde vum Land ass dat schwéier, fir dat mat Bussen ze geréieren op deene klengen Achsen do. Do bleiwen d'Busse meeschtens hänken. Wann e Camion oder en Trakter virdrun ass, ass dat schwéier, fir dann deen Timing anzehalen. Hei am stättesche Raum ass dat e bësse méi liicht, well do sinn d'Buslinne prioritär gezechent. Do kënnen d'Bussen dann hir Zäitschinn besser anhalen. Am Norden ass dat e bësse méi schwéier.

Dofir géif ech awer drop drécken, fir eng zweet Zuchstreck a Planung ze ginn an ze analyséieren, ob dat wierklech machbar ass, souwäit et méiglech ass op där Streck. Ech denken, dat wier fir den Norden awer immens wichteg, wa mer eng zweet Zuchstreck do hätten, well mer gesinn, wéi schwéier et ass: Wann eng Linn zesummebrécht, dann ass dat net einfach fir déi ganz Region.

Da ginn natierlech beim Echangeur Houwald ganz vill Aarbechte gemaach. Dat gouf elo och ewell hei an dësem Kontext ugeschwat.

Da gräfen ech dann nach zréck op den Tram. Ech sinn awer och ganz frou iwwert den Ausbau vum Tram, datt dee viruleeft. An och als grouse Foussballfan freeën ech mech drop, wann den Uschloss da bis op Gasperech och bis an de Stadion fäerdeg ass, dat muss ech zouginn. Den Tram ass net nëmme an puncto Transport eng immens Beräicherung fir eist Land, mee och puncto Tourismus eng flott Attractioun. An deem Sënn mussen dës Aarbechten och virugedriwwen ginn.

Komme mer zu de Vëlospisten: Ee Prestigeprojet ass de Projet vum Vëloexpresswee, méi spezifesch d'Deelstreck, déi de Belval iwwert de Vëlosweg PC8 mam Zentrum vun Esch verbinnt. De sougenannte „Studentewe“, deen am Ufank ugeduecht war, huet elo méttlerweil eng aner Envergure kritt a wäert als déi längst Vëlospasserelle an Europa ausgezechent ginn. Dës Streck ass net just fir d'Cycliste geduecht, mee wäert och e flotte Wanderweg ginn, mat enger eenzegaarteger Aussicht op Esch-Belval an doriwwer eraus, déi sengesgläichen an Europa sicht.

Wat der LSAP besonnesch wichteg ass, ass och, datt d'Aarbechte beim Ausbau vum Velosweeër konsequent virugedriwwen ginn, soudatt endlech dës Weeër queesch duerch d'Land all matenee verbonne ginn.

Ech kommen da bei d'Gebaier: Och Opfangstrukture gi geschafen an deen nächste Projet, do gouf vu Wolz geschwat, Flüchtlingen, do wier et och wichteg, wann een do géif eng Ulaftell maache fir den öffentlichen Transport, wat am Moment nach net virgesinn ass, well dee Site e bësse ofgeleeë läit.

Dann zu der Fondatioun Kräizbiert, dem Site zu Diddeleng: E Projet mat engem staarke soziale Charakter fir d'Leit mat spezifische Besoinen ass dee vum Reameanagement an der Erweiterung vu Gebailechkeeten vun der Fondatioun Kräizbiert zu Diddeleng. A hei huet de Staat net gezéckt, fir d'Suen an de Grapp ze huelen, a wäert mat ronn 58 Milliounen Euro déi Sue fir eng gutt Cause investéieren.

Sou ass et virgesinn, datt déi bestoend Atelierer erweidert ginn an nei Unitéite bäikommen, déi zousätzlech Funktiounen solle kréien a weidere Persounen mat engem Handicap eng Aarbechts- an Therapieplaz ginn. Hei läit de Fokus dorobber, datt d'Ëmstrukturéierungsarbechte souwéi d'Neibauarbechte behënnertegerecht sinn.

Zu de Lycéeën: Fir datt de Gesondheetssystem vum Land sou resilient wéi méiglech ass a manner ofhängeg vum Ausland gëtt, muss een natierlech och hei am Land gutt a qualitativ Bildungsméiglechkeeten hunn. An deem Sënn ass de Bau vun enger neier Antenn vum LTPS souwéi enger Sportshal mat enger Schwämm fir logopedesch Zwecker zu Stroosse virgesinn. De Projet kann duerchaus fir d'Rentrée 2024 a Betrib goen. Bis zu 1.200 Schüler fannen hei eng Plaz.

D'Suessemer Schlass: E Projet, op deen ee laang huet misse waarden, ass dee vum Suessemer Schlass. Hei ass nämlech e Projet an der Pipeline, deen iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires finanziert gëtt, an zwar nämlech dee vun der Annex vun der Hotelsschoul Dikrech, e Projet, deen deemnächst dës architektonescht Wierk mat senge ronn 230 Schüler mat Liewe fülle wäert. Hei soll eng nei Dynamik entstoen, fir dem akuten Personalmangel entgéintzewierken.

Bei der Expogast konnt ee gesinn, wéi wichteg dës Secteur ass. Deemo soll mer hei dës Secteur fërdere. Dës Secteur ass och e formidabel Botschafter fir eist Land.

Mir bleiwen an der Gemeng Suessem. Fir de Kanner a Mineuren an Nout, de sougenannte „mineurs en détresse“, ze hëllefen, där hir Zuel leider am Laf vun der Zäit weider geklommen ass, gëtt niewent Renovierungsarbechten op bestoende Strukture wéi zu Schëffleng hei eng zousätzlech Struktur gebaut, fir der Demande nozekommen. Am léifsten hätt een, datt déi Kanner a Jugendlecher net missten an esou Strukturen ënnerkommen a léiwer an hiren Doheem wieren, mee dës ass leider e Wonschdenken an d'Realitéit ass ganz anescht.

Dofir kann een nëmme begrëissen, wann de Staat zesumme mat de Gemengen net einfach nokuckt an deene Kanner a Jugendlechen an Ënnerdaach an en Encadrement bitt, fir datt se net léns leie gelooss ginn an hinne schnellstméiglech eng verbessert Liewensqualitéit kann ugebuede ginn.

D'Abtei zu Fünfbunnen – e Projet, dee mir perséinlech um Häerz läit an eng regional Bedeitung huet, ass d'Ëmfunktionéiere vun dësem Klouschter an der Wëntger Gemeng –, déi uganks des 20. Joerhonnerts gebaut gouf, hat spéider am Laf vun der Geschicht zwar eng histoiresch méi däischter Bedeitung. Dozou ass och all Joer am Juni eng emotional Gedenkfeier, wou der ganz vill vun eis all Joer present sinn. Mee ewech vun dëser däischterer Zäit kann een awer d'architektoneschen Schéinheet vun deem Gebai ervirhiewen. Dofir sinn ech ëmsou méi frou, datt mat där neier Ëmfunktionéierung d'Geschicht an d'Zukunft matenee verbonne ginn an domat och d'Erhale vun dësen Gebailechkeeten garantéiert gëtt.

Op dësem Areal solle Gebailechkeeten elo an noer Zukunft an e kommémorativ an e pedagogeschen Zentrum souwéi e Shoah-Dokumentatiounszentrum ëmfunktionéiert ginn, déi et erméiglechen, fir weiderhin an der Zesummenaarbecht mat dem SNJ a mam Zentrum fir politesch Bildung Visiteuren ze empfangen an domadder och dës Site ze beliewen an ze valoriséieren.

En zousätzlech Projet op deem selwechte Site, deen ons grad als sozialisteschen Partei sympathesch ass, gesäit vir, datt e Centre d'insertion socioprofessionnelle fir 30 Jonker soll entstoen, déi sech an enger méi schwiegener Phas vun hirem Liewe befannen, déi och aus verschiddene Grënn keen Zougang zu der normaler Schouloffer oder zum Aarbechtsmarché hunn. An dësem Kader wäerten d'Jugendlecher, déi sech an enger prekärer Situatioun befannen, d'Méiglechkeet hunn, fir hir perséinlech Situatioun ze stabiliséieren

an esou hir Motivatioun fir d'Zukunft erëmzefannen, fir duerno selbstänneg um Aarbechtsmarché oder an enger Ausbildung Fouss ze faassen.

Ech weisen awer dorop hin, datt op dësem Site d'Accessibilitéit ganz schlecht ass fir mat privaten Autoen oder mam öffentlichen Transport. Dat muss och hei an d'A gefaasst ginn, wann dës Site bis richteg funktionell ass.

Elo, wou ech dann zu Fünfbunnen ukomm sinn a praktesch doheem sinn, géif ech dann zum Schluss kommen. Ech ginn hei zu dësem Projet natierlech den Accord vun der LSAP a géif jidderengem villmools Merci soen, deen op dës verschiddenen Dossiere matgeschafft huet. Dës Merci geet och un eis Betriber mat hiren Aarbechter, déi bei all Wiederënnergefäerleche Situatiounen permanent am Asaz sinn, fir dës Projekte schnellstméiglech fir eis ëmzesetzen a fir eis Mobilitéit virunzedriwwen. Villmools merci Iech all dobaussen!

Voilà, an deem Sënn hätt ech alles gesot an nach eng Kéier merci fir Är Opmierksamkeet.

An da wëll ech eng kleng Remark do hannendrunhänken: Wéi ech gëschter Owend op dësem Projet hei geschafft hunn, sinn am Hannergrond dunn d'Noriichte gelaf, iwwert d'Ukrain sinn déi schrecklech, dramatesch Biller gelaf: Grousst mënschlecht Leed, d'Infrastrukturen, alles kapott geschloen, de Wanter steet virun der Dier, eeler Leit mat de Kanner wëssen net, ob se de Wanter iwwerhaupt packen. An ech hu missen iwwert déi Projeten hei schreiwen an e bësse debattéieren, soen ech emol, datt dat e bësse e groussen Ënnerschied ... An ech kann awer an deem Kontext just soen: Een, dee mat dëser Situatioun net zefriden ass hei am Land, dee klot op engem ganz, ganz groussen Niveau!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Weber. Da bleiwe mer an der Gemeng Wëntger mam honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. An der Wëntger Gemeng si mer allen zwee an der Opposition. Hei ass et de Contraire. Hei ass een an der Opposition, een an der Majoritéit.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Chantal Gary fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass jo gewosst, datt all gréissere Projet vu viraussichtlech iwwer 10 Milliounen Euro am Viraus hei an der Chamber soll gréng Luucht kréien, mat Ausnam vun deene Projeten, déi iwwer 40 Milliounen ginn, wou muss en extrat Gesetz gestëmmt ginn, och wann am Viraus net ëmmer gewosst ass, wat déi eenzel Projekte genee kaschten.

Erlaabt mer, vun deenen 52 Projeten, ëm déi et haut geet, deem een oder deem aneren e puer Froen hannendrunhänken. Ech mengen, ech belichten déi 52 Projeten net. Ech mengen, meng Virriedner hunn dat allegueren zur Genüge gemaach. Mee ech hätt awer zu dräi Projete méi oder wéineger nach déi eng oder aner Fro, déi ech wollt drunhänken.

Zu Diddeleng ass e Centre national de collections publiques geplangt. Do solle Kollektiounen gelagert ginn. Do ass da meng Fro: kéint een déi Raimlechkeeten net och notze fir aner Servicer – bis elo sinn der jo siwen do – wéi zum Beispill CGDIS, Police, Arméi oder d'Post? Déi sichen ewell laang no eenzelnen Ënnerdaachméiglechkeeten an do wier et vläicht ubrecht, sech Gedanken ze maachen, ob een net deen een oder deen anere Service kann hei drunhänken.

An den Ae vun der ADR ass den Tram net d'Äntwert op den aktuelle Pendlerverkéier, zum Beispill fir an d'Stad eran oder aus der Stad eraus oder de grenzwärschreidenden oder -gräifende Verkéier.

Betreffend d'Pafemillen, do war am Juli 2013 eng Initiativ geholl ginn, fir hei en nationale Shoah-Gedenkzentrum opzebauen. Deemools goufen déi eenzel Iddien heizou op engem Plang virgestallt. Meng Fro un den Här Minister wär: Ass dës Iddi an deem Ramen nach aktuell oder net? Gëtt se verwierklecht oder net?

Wat onser Meenung no feelt a vläicht an Zukunft soll zréckbehale ginn, dat si follgend Iddien, déi ech als Suggestioun wëll verstane wëssen:

Projete fir Bauschuttdeponien: Souwäit ech weess, informéiert sinn, goufe schonns am Joer 2016 heirwuer Etüden duerchgefouert. Et wär vläicht awer un der Zäit, dës ze plangen. Mir hu jo gesinn, dass mer an der Vergaangenheet zäiteweis Problemer hei haten. Meng Fro un den Här Minister wier an deem Kontext: Wou si mer hei drun?

Des Weideren ass ons opgefall – mir haten elo de Mëtteg den Tour de table vun allen 52 Projeten –, dass den Oste vum Land mat kengem Projet dëst Joer hei dran ass, souwäit ech dat elo matkritt hunn. Mee do bestinn awer eng ganz Rei Verkéiersproblemer, speziell an de Grenzuertschaften, wou Brécke sinn a wou dann de Verkéier duerch déi Uertschafte kanaliséiert gëtt. Do ass ënner anerem Iechternach, wou schonns laang Jore vun engem Contournement geschwat gëtt. Do derbäi kommen dann nach Uertschafte wéi Waasserbëlleg, Gréiwemaacher, Wuermer, Réimech a Schengen. Do belaauscht déi aktuell Verkéierssituatioun extreem d'Liewensqualitéit an dës Stied.

Beim Schéissendëmpel ass d'Strooss deels fortgeschwemmt an de Verkéier gëtt do iwwer eng Ampel gereegelt. Do soll eng Etüd lafen. Wou ass dësen Dossier drun? Et wär ze wënschen, dass hei awer keng eelef Joer géife vergoen, ier dat gereegelt gëtt, sou wéi bei der Breideler Bréck.

An dann nach eppes: War do net e Projet an der Pipeline fir eng Bréck iwwert d'Musel fir d'Foussgänger? Dat hunn ech mol an auslännesche Presse gelies. Ob et hei am Land drastoung, do hunn ech et net gelies, mee do wiere mer och frou, wa mer do kéinten eppes Konkreetes matgedeelt kréien oder wéinstens d'Gedankgutt, wat do leeft.

A da missten net och Mesurë geholl gi fir e konsequente Héichwasserschutz un der Sauer?

An erlaabt mer nach e Wuert zur Veianer Schwämm. Déi ass jo vu regionaler a souguer vun nationaler Bedeitung, net nëmmen fir d'Stad Veianen, mee fir déi ganz Region a fir den Tourismus insgesamt am Land. Veianen ass am Land ee vun den Hauptunzéiungspunkte fir eis Touristen. Doduerjer ka Veianen net op eng héichwäerteg a gutt ausgebaut Schwämm verzichten, esou wéi dat an de leschte Joren de Fall war. Do läit awer d'Gemeng Veianen elo an der finanzieller Klemm: D'Konzept ass do, mee elo muss se dem Tourismusministère eng detailléiert Planung eraginn. Do ass awer den Hoken, déi dierft virausiichtlech d'Gemeng eng hallef Millioun kaschten, ouni ze wëssen, ob si dee Projet jee kënne realiséieren. Misst bei esou Projete vu regionaler Bedeitung net och de Staat speziell deene finanziell méi schwache Landgemengen entgéintkomme bei esou detailléierte Planunge vu regionalem Charakter?

Zum Schluss wëll ech umierken, dass vill vun deenen haitege Projete mat der Wuesstumsfro zesummenhängen. Do misst mer och endlech Neel mat Käpp

maachen, well jee no wirtschaftlecher Entwécklung kéint dës ongekläert Wuesstumsfro ons emol ëm d'Ouere fléien.

Selbstverständlech ginn ech den Accord vun der ADR zu dëse Projeten a mer stëmmen dës Motioun gäre mat.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen dem Här Engelen Merci a ginn direkt d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Merci, Här President. Haut geet et hei ëm déi grouss nei Infrastrukturprojeten, déi an deenen nächste Jore vum Staat sollen ugefaangen, fäerdeggebaut, ofgeännert, sanéiert a renovéiert ginn. Aus Zäitgrënn ginn ech just op e puer Stéck an.

Beim Projet Metzerschmelz gesäit ee gutt, wéi een en neie Quartier plange kann a soll, fir kënne dem Klimawandel an den Aspuerunge vun den CO₂-Emissiounen gerecht ze ginn – wann dat dann och am finale Projet nach ëmmer esou ausgesäit, well Pabeier ass jo schliisslech gedéleg.

Dës Quartier ass un den ëffentlechen Transport ugebonden: Zuch, Tram, Bus à haut niveau an déi regional a kommunal Buslinien. Doniewent sinn och Korridoren a Brécke fir de Vëlo geplangt. Et ass eng super Ubannung Richtung Norden, Süden Osten a Weste souwéi Raccorden zur Stad, op Schëffleng an op Esch. En plus ginn et och „circle lines“ a Plattformen, fir op den Zuch kënne ëmzeswitchen. Och un de Foussgänger ass geduecht ginn a kuerz Weeër si méiglech, an et ass keng Ubannung un d'A4 virgesinn. Also grosso modo eng Billerbuchplanung.

Wichtig wär et hei awer, dass den ëffentlechen Transport zäitgläich do wier mat de Bewunner, well sech soss awer nees alles ëm den Auto dréit wéi beispillsweis um Belval!

Esou eng innovativ Planung ass awer leider net a scho méi ale Projeten ze gesinn. Do setze mer nach ëmmer monter weider op de Stroossebau, obschonn am PNM35 Säit 80 geschriwwen steet: „Les utilisateurs choisissent le mode de transport en fonction de la qualité de l'offre“, an: „il est impossible d'augmenter les surfaces de circulation et de stationnement automobile au rythme de la croissance“, an nach: „L'utilisation du réseau routier par les différents modes de transport doit être rééquilibrée.“

De Projet Belval virun 22 Joer – den Här Wolter, deen deemools nach Minister war, kéint dat bestätegen, wann en dann elo hei wär – sollt en innovative Quartier ginn, dee gutt un den ëffentlechen Transport ugebonden sollt sinn, duerch deen niët Busser och en Tram sollt fueren. Deemools hunn ech op enger éischter Reunion ugemerkt, dass deen éischte Bus misst fueren, ier d'Leit géife plënnere an dohinner schaffe géife goen. Dat ass awer leider net esou geschitt!

Mee wéi gesäit et haut, méi wéi 22 Joer méi spéit, dann aus? Dir sot dach elo bestëmmt: „Dee Quartier ass dach gutt ugebonden mat Zuch a Bus.“ Ma da soen ech Iech: Dann huet Dir net ganz oft den ëffentlechen Transport, a scho guer net, fir op de Belval ze kommen, well ugebonden ass just d'Uni, d'Rockhal, awer absolut net de ganze Belval.

Well wéi steet et da mat der Waassertrap? Ass de CIPA REWA gutt ugebonden? Kommen d'Salariéen, déi Schichte schaffen, ouni Auto gutt op hir Aarbechtsplazen? Kommen d'Familljen, déi hir Léiwer besiche ginn, gutt dohinner? Kommen d'Residente gutt mam ëffentlechen Transport op Esch, an d'Stad a

soss anzousch hin, ouni Auto an ouni Taxi? Wéi steet et mat Belval-Sud? Wou ass den Tram, dee schliisslech do vun der CSV ugekënnegt gouf? Mee 2008 ass de Südtram ënner enger CSV-Regierung gestrach ginn, an dat ass eent vint de Resultater vun iwwer 50 Joer autozentrierter CSV-Mobilitéitspolitik!

Elo gëtt gesot, dass dee Site net esou ausgeluecht wär an dass ee misst Korridore fanne fir Tram a Bus. Ech loosse dat emol esou hei am Raum stoen. Wou sinn d'Buslinien? Wéi ass et mam Vëlo? A jo, do gëtt elo endlech no 22 Joer déi Vëlosbréck ageweit, den 23. Dezember um 13.00 Auer, wat e Meilesteen ass, mee leider net alles léist, well nach laang net jiddweree mam Vëlo fiert oder fuere kann.

Dir kënnt mir och elo soen, dass jo schliisslech duerch de PNM35 d'Stroosse berouegt ginn. Mee dat alles déngt näischt, wa mir et net fäerdegbréngen, den ëffentlechen Transport massiv auszebauen a bis an de Belval-Sud ze bréngen, wou et nach ëmmer kee Raccord Richtung Bielees gëtt. Do ass jo am PNM35 e Pôle d'échange Belvaux-Mairie ugeduecht fir 2035, a bis dohi loosse mir d'Leit awer nach ëmmer monter mam Auto fueren a kommen.

Well esou wéi et am Fonds Belval heescht, soll jo och nach eng Europaschoul op dee Site kommen, mat iwwer 1.500 Schüler. Ma wéi kommen déi an hir Enseignanten dann op de Site? Mam Auto? Esou wéi elo och d'Enseignante vum Lycée Bel-Val an déi aus dem Kannercampus? Ma à la bonne heure, do ass de Chaos jo da virprogramméiert!

Donieft soll dann och nach e Spacecampus kommen an e Bâtiment mixte, dat heescht e Centre sportif. Wéi kommen all déi Leit op de Site an nees heem? Autos-orientéiert? Am Moment gëtt et bal keen anere Choix. A jo, nach eng kleng Bemierkung zum Centre sportif, deem seng baulech Ausrichtung elo e bëssen eng aner gëtt, well et do en Terrain gëtt, deen een nach méi deier vermaarte kann. Wéi wär et dann, wéinstens do Logements locatifs abordables ze bauen?

Da kommen ech och nach op en anere Projet ze schwätzen, deen och net zukunftsorientéiert ass, mee just op nei Stroosse setzt, nämlech den Echangeur Haneboesch. Den Echangeur vu Suessem, dee jo do besteet, wär net gutt an der Symmetrie. Do géif eng aner Achs gemaach ginn, fir déi Aktivitéitszonen aneschtens kënne ze desservieren. Dëst géif dann och zur Verkéiersberouegung vu Suessem a Käerjeng bäidroen. Datt d'Dreckschwiss en deklaréiert Naturschutzgebitt ass, dat ass zimmlech egal, souwéi och dass de Bësch eng Natura-2000-Zon ass. Dat stéiert net ganz vill. Wat si schonn e puer Beem méi oder manner? Wat ass schonn eng weider Zersiiddung vu wichtige Gebidder fir Flora a Fauna?

Laut dem PNM35 soll dës Projet de Schläichverkéier, den Individualverkéier, an de Grëff an aus den Uertschaften erauskréien an dowéinst soll en och en Uschloss un de Contournement vu Käerjeng erméiglechen. Dat, wat sech wéi e schlechte Witz unhéiert, ass leider batter Realitéit fir Ponts et chaussées. Dëst ass eng Léisung vun ale wäisse groe Männer, déi an en anert Joerhonnert gehéiert, mee sécher net méi fir haut a muer. Ech soe just: Klimawandel a Biodiversitéitsverloscht! Well Naturschutz ass Mënscheschutz!

Genau haut an elo, zu dësem Moment, gi monter Beem, Gestrüpp an Hecken am Zämerbësch an am Bobësch gehaen, an dat obwuel den 12. Dezember 2022 um Geriicht um 9.00 Auer d'Affär vum CR110 verhandelt soll ginn. Dass e Skandal! Ech si schockéiert doriwwer, wéi Verspriedunge vis-à-vis vun enger Biergerinitiativ mam Fouss gerant ginn, fräi nom Motto: „Was kümmern mich meine Versprechen von gestern?“ Hei de Plang, wéi vill sollt ewechkommen.

(Mme Myriam Cecchetti montre une documentation.)

Hei de Plang, wat se amgaange sinn ewechzehaen.

(Mme Myriam Cecchetti montre une autre documentation.)

Hei gëtt sech e fiichten Dreck drëms gekëmmert, wat dann elo beim Geriicht den 12. Dezember erauskënnt, well alles, wat fort ass op där Plaz, kann net méi dohinner kommen. D'Beem kënnen nämlech net méi dohinner gepecht ginn! Wéi wär et, wann een hei géif un den ëffentlechen Transport denken, fir manner Trafick ze hunn? Mee dorunner gëtt emol net geglueft. An da muss ech soen, hunn ech e Problem mat der Visioun vun der Metzschmelz, fir dorunner ze gleewen, wann een déi heite Schinn nach ëmmer fiert!

Zu de Projete vun de CFL kann ee just e grouse Bravo soen, dat geet an déi richteg Richtung. Leider hätt een och do misse scho viru jore méi investéieren, mee elo geet et awer emol virun. Hei géllt et awer och, direkt den Uschloss un de Bus ze koordinéieren. Et kann net sinn, datt d'Busser ukommen, wann den Zuch just fortieert, oder awer datt d'Busser de Leit, déi aus dem Zuch kommen, virun der Nues fortfuere respektiv si sou oder esou mussen iwwer 20 Minutte waarden, bis den nächste Bus kënnt, an da kommen awer véier Busser hannereneen! Dat ass kee Service um Client. An nach manner Service um Client ass et, datt dës gesot kréien, 2035 géif alles besser ginn, well da géifen d'Linnen un den Zuch adaptéiert ginn. Dat ass ganz, ganz schlechte Geschmaach!

Dem Bâtiment public och vun dëser Säit e Merci, datt endlech emol d'Schlass vu Suessem um Ordre du jour steet an an Ugrëff geholl gëtt. Dat ass en Häerzensprojet vun de Suessemer Leit, déi frou sinn, wann dat Schlass renovéiert an net verkomme gelooss gëtt. Et ass hei elo mol eng Ouverture do, datt eppes geschitt. Mee hei muss e Gebai bäigebaut ginn, fir den technesche Bedéngunge vun enger professioneller Kiche kënnen gerecht ze ginn. Wou soll dat Gebai hinkommen, well dat muss jo awer eng gewësse Gréisst hunn? An de Park? Oder an d'Gäert? An da muss ee sech och nach d'Fro stellen, awéiwäit de Rescht vum Schlass da sanéiert respektiv géint de Verfall geschützt gëtt an där genotzt gi vun de Bierger/innen an hire Veräiner.

Voilà, meng ganz bescheide Kommentaren zu dëse grouse Projeten a meng Wut iwwert d'Ofholze vun deenen zwee Bëschgebiddern.

Merci fir d'Nolauschteren.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Erlaabt Der nach, datt den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Merci, Madamm Cecchetti. Merci, Här President, fir déi Geleeënheet.

Ech wëll net der Madamm Cecchetti an hir Wut erschwätzen, wat dee Bësch ugeet. Dat kann ech novollzéien, och wann ech fir de Projet sinn. Ech wollt si eppes aneres froen. Si huet an hirem Exposé deen Ausdrock „ale wäisse Mann“ gebraucht.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | „Al gro wäiss Männer“, fir et richteg ze zitieren.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | „Al gro wäiss Männer“, jo. Wann Dir elo aus enger anerer Partei wäert, Madamm Cecchetti, géif ech vläicht guer net drop agoen, mee Dir sidd jo esou géint Diskriminierung. Sidd Der net der Meinung, dat wär eng Altersdiskriminierung, eng geschlechtlech Diskriminierung an eng rassistesche Diskriminierung?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dach, dach.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech froen Iech dat, well ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ech ginn Iech komplett Recht.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dir gitt mer Recht?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, natierlech!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Natierlech, komplett.

(Hilarité)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Da sinn ech ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Dir sidd total op der richteger Schinn do.

M. Sven Clement (Piraten) | Dir gitt esou diskriminéiert, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Da si mer jo an enger gewësser Toleranzgrenz, ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Natierlech!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... mee ech wär frou, wann och déi al gro wäiss Männer géife respektéiert ginn an dëser Gesellschaft. Villmools merci.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ech konnt leider net „al gro wäiss Frae“ soen, well et sëtze lauter al gro wäiss Männer do. Voilà, merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. Merci fir déi grouss Eenegkeet.

(Hilarité)

An dann huet den Här Goergen d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Chantal Gary fir säi gudden schrëftlechen a mëndlechen Rapport. Dofir ginn ech och net méi op déi 52 Projeten am Einzelnen an, mee hu mer der just e puererausgepickt.

Dass d'Investitiounen elo héichgehalen ginn, dat géift eis Piraten immens gutt, well et ass grad elo, wou mer musse kucken, dass d'Ekonomie och weiderdréit an dass mer elo d'Infrastrukture schafe fir a 5, 10, 15 Joer. Dofir sinn dës 52 Projete gutt a mir wäerten déi Motioun och matstëmmen.

Wat mir an der Kommissioun och gutt gefall huet, wéi ech d'Fro opgeworf hunn, ob dann elo op déi eenzel Diecher vun deene Projeten, wou et méiglech ass, soll Solar drop kommen, ass, dass d'Verwaltung souwéi de Minister versprach hunn, dass do, wou et geet, dat och wäert esou geschéien. Eng rezent Question parlementaire vun eis Piraten hat jo public gemaach, dass de Staat eigentlech net wierklech eng Virbildroll bei den erneierbaren Energien ageholl huet. An elo, an dëse Projeten zumindest, gëtt iwwerall awer eng Prioritéit dorop geluecht, dass do, wou Solar méiglech ass, dat och wäert zustane kommen.

Zum Beispill koum an eiser Question parlementaire eraus, dass iwwert d'Hallschent vun den Heizungen nach mat Gas géif funktionéieren.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här Goergen, ech hunn Iech awer och geschriwwen, firwat. Well mer e Parc immobilier hunn, wou jo net alles aus den 2000er-Joren ass. Do si ganz al Gebaier derbäi, a fir dat ze sanéieren, do wësst Der jo och, datt Der do eng Zäit braucht. An ech hunn Iech och geschriwwen an der Question parlementaire, dann zitéiert dat och, datt mer e Programm hunn, wéi mer dat déi nächst Joren alles wëlle sanéieren an och an d'Rei setzen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Här Bausch, ech war grad amgaangen, Iech ze luewen, dass Der an der Kommissioun versprach hutt, dass mer ...

(Hilarité)

... Solar géifen op déi Diecher kréien, an dat ass eigentlech alles, wat ech gefrot hunn. Also, ech si ganz bei Iech an deem Sujet. Ech verstinn awer, dass Der Iech elo e bëssen doriwwer opgereegt hutt. Wéi gesot, mir sinn ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech hu mech net opgereegt. Ech wollt just gär, datt mer bei der Wourecht bliewen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Bei der ... Ech hu jo awer näischt Falsches gesot!

M. Dan Kersch (LSAP) | Et wëll vläicht och net jiddweree vun Iech gelueft ginn.

M. Marc Goergen (Piraten) | Do hutt Der vläicht Recht, Här Kersch. Mee bei der Zilsetzung si mer awer richteg, dass mer déi erneierbar Energie virzéien, anstatt dass mer weiderhi Gasheizungen oder soss iergendeppes benotzen.

Zu de Projeten: D'Police Diddeleng, NeiSchmelz, 56 Agenten kréien do nei Büroen, wat ganz positiv ass a sécherlech vill Leit wäert freeën. Ob elo esou vill Leit sech freeën, dass och 27 Agenten vum Steuerbüro wäerten do e Büro kréien, dat ass eng aner Fro an der Populatioun, mee zumindest d'Police wäert do an engem super Gebai ënnerkommen an natierlech d'Steuerbürosagenten och.

Wou mer awer scho bei de Policebüroer sinn, an do ass haut och eng Question parlementaire beäntwert ginn – dat ass elo puren Zoufall, dass déi haut beäntwert ginn ass –, déi gewisen huet, dass och nach en aneren Eck am Land, an zwar de Policebüro Péiteng-Käerjeng, dréngend Renfort bräicht, dréngend en neit Gebai bräicht an dréngend eng Léisung bräicht fir déi Situatioun, well eis Kriminalitéitszuelen am Verglach zu anere Gemengen, wéi d'Question parlementaire haut beluecht huet, méi héich sinn. Do géif ech mer da wënschen, dass mer bei den nächste Projeten och e Policebüro Péiteng-Käerjeng géife virfannen.

(Interruptions)

Dann zum Härebiere: Et ass wichteg, dass mer eiser Arméi déi néideg Infrastruktur zur Verfügung stellen. Dofir ass et gutt, dass elo d'Hal, den Atelier an d'Büroen ausgebaut ginn, 1.100 m², an dass och en Datenzenter dohinner kënnt an – wat d'Arméi laang vermësst huet – e Sécherheetsraum fir hir Berodungen, beziungsweis wann eng Krisensituatioun antrëtt, soudass mer eisen Zaldoten och kënnen e gewëssene Confort bei hirer Aarbecht ginn, wat sécherlech och zur Attraktivitéit wäert bäidroen, fir dass mer nei Zaldote fannen.

Dann e Projet, bei deem ech mech schonn zënter 2016 eigentlech gefrot hunn, firwat et eidel steet: Dat ass d'Schlass zu Suessem, wou ech awer elo wierklech frou sinn, dass eng Antenn vun der Hotelschoul dohinner kënnt an dat schéint Schlass – et ass mat ee vun de schéinste Sitten, dee mer am Süde fannen, wat Schlässer ubelaangt –, dass mer do elo wierklech Neel mat Käpp gemaach hunn an dass elo eng Antenn vun der Hotelschoul dohinner wäert kommen an dat nationaalt Monument esou wäert eng Valeur kréien an herno och jiddereen do wäert Zougang kréien.

Dann zur A13, wou Der de Projet hutt: Dee klängt an éischter Linn gutt. Mir léise vläicht e puer Problemer Richtung Suessem, Richtung Käerjeng, mee do kënnt nach eng aner Gemeng hannendrun, an zwar d'Péiteng Gemeng, déi eigentlech am Trafick erstéckt, virun

allem wann Der den Echangeur elo nach eng Kéier méi zentréiert, soudass nach méi Leit iwwert d'Biff herno duerch Péiteng am Rond-point beim – ech soen nach ëmmer LTMA, mee et ass jo elo LMA – Lycée Mathias Adam landen an deementsprechend do de Verkéier vill méi grouss wäert sinn. Dofir hunn ech och haut eng Motioun matbruecht, dass mer do endlech dee Projet ugin, fir eng Ënnerféierung ze maachen, fir dass déi A13 net an engem Rond-point endegt, mee dass mer endlech dee Verkéiersknuet doënne kënnen léisen.

Dann zu den Diskussiounen, wat d'Zommen ubelaangt, déi an der Kommissioun och kuerz opkomm sinn, ob mer bei deene 40 Milliounen solle bleiwen. Also, mir Piraten sinn der Meenung, déi 40 Milliounen sollen trotz Inflation bleiwen, well et eng gewëssen Aart vun Transparenz ass, wann esou e Projet duerch d'Chamber muss goen a wann esou e Projet eeben am Public diskutéiert gëtt. Dat ass fir eis ganz einfach eng Aart vun Transparenz, eng Aart, wou de Bierger och eng gewësse Kontroll iwwert d'Regierung huet. An et muss een nun emol soen, déi Projeten, déi hei duerchgin, hunn och vill méi Ëffentlechkeet, wéi wann elo e Projet einfach iwwert d'Regierung selwer géif goen, wa mir déi 40 Milliounen géifen hiewen.

Dann zur zweeter Motioun, déi ech matbruecht hunn, do geet et ëm de Wi-Fi an den Zich, bekanntlech en Thema, wat mer och an der Kommissioun erkläert kritt hunn, an dass do elo eng Etüd gemaach gëtt an e Projet. Mee wéi ech do och schonn an der Kommissioun opgeworf hunn, gëtt am Moment drop gewaart, dass op verschiddene Strecken, wou am Moment kee Stroum läit a keen Handynetz méiglech ass – dat muss ee sech emol virstellen! –, wa bis do de Wi-Fi méiglech ass, dass dann eréischt de komplette Wi-Fi kënn.

Ech sinn awer der Meenung, dass mer net sollte waarden, bis op deene Strecken de Wi-Fi soll méiglech sinn – natierlech solle mer schnellstméiglech schaffen, fir dass déi endlech Stroum hunn –, mee dass mer op deene Strecken am Süden, wou et op verschiddene Strecken scho méiglech wär, de Wi-Fi elo schonn aféieren, fir dass déi Leit elo scho kënnen am Zuch bequeem hiren Internet benotzen.

Ech soen Iech Merci.

Motion 2

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– *Den Trafic op der Péitenger Collectrice (Avenue de l'Europe; N31) hält zënter Joren zou a belaascht d'Liewensqualitéit vu ville Mënschen an de Kordall-Gemengen am Süde vum Land;*

– *de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten huet a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3847 erklärt, dass d'Ënnertunnelung vum Streckenofschneitt beim Lycée Mathias Adam eng Pist ass, déi schonn 2014 an engem Dossier de synthèse ausgeschafft gouf;*

– *a senger Äntwert op d'Fro N° 7082 huet de Minister geschriwwen, dass eng Ënnerféierung vu besotem Streckenofschneitt de Verkéier duerch d'Avenue de l'Europe zu gewëssen Auerzäiten definitiv méi fléissend géif maachen, ënnert der Bedingung, dass d'Rond-pointen hannendrun (Richtung Grenz) vergréissert ginn.*

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– *d'Entscheidung ze fällen, fir en Tunnel ënnert dem Rond-point beim LMA ze bauen a weider baulech Moossnamen op der N31 souwéi verkéierstechnesch Moossnamen op der N5 ze huelen, fir d'Trafficsituation ze verbesseren.*

(s.) Marc Goergen.

Motion 3

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– *De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten hat am Joer 2016 op d'parlamentaresch Froen N° 2628 an N° 2337 geäntwert, dass de Wi-Fi an den Zich sollt gestéiert ginn an op där Basis dat entsprecheend Fuermaterial wäert ausgewielt ginn;*

– *a senger Äntwert op d'Fro N° 1758 aus dem Joer 2020 hat de Minister geschriwwen:*

„Et ass geplangt, fir zukünfteg een Deel vun eisem Zuchmaterial mat Wi-Fi ze ekipéieren. Heibäi mussen awer nach verschidde Funktionstester duerchgefouert ginn, soudatt et momentan nach net méiglech ass, fir konkreet ze soen, ab wéini dese Service kann an eisen Zich ugebuede ginn. Et sief awer an deem Zesammenhang bemierkt, datt d'Qualitéit vun enger Wi-Fi-Verbindung och vun enger gudder Netzofdeckung duerch de GSM-Reseau ofhängeg ass.“

– *an der Äntwert op d'Fro N° 4863 aus dem Joer 2021 hat de Minister geschriwwen:*

„D'Méiglechkeet, fir Wi-Fi am bestoenden Zuchmaterial nozerëschen, gouf effektiv analyséiert, wouropshin awer decidéiert gouf, fir Wi-Fi an enger éischter Phas just an den neien Automotricë vun de Serien 2400/2450, dei progressiv tëschent 2023 an 2025 a Betrib geholl ginn, unzibidden. [...] Laanscht d'Zuchstrecken ass d'Eisebunn ofhängeg vum Fortschritt an der Netzversuergung duerch déi ëffentlech Operateuren.“

– *an der Äntwert op d'Fro N° 5139 vum leschte Joer huet de Minister Erklärungen geliwwert, op wéi enge Plazen am Land eng stabil Wi-Fi-Verbindung haut scho méiglech wier;*

– *am Joer 2022 existéiert an den Zich vun den CFL nach ëmmer kee funktionéierende Wi-Fi an de Projet N° 41 (veuillez lire: de Projet N° 42) vun den Infrastrukturprojete gesäit eng weider Etüd a Pilotprojete vir, fir eng stabil Wi-Fi-Verbindung an den Zich ze erméiglechen.*

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung,

– *op deene Strecken, wou et Stand haut méiglech ass, endlech déi néideg Moossnamen ze ënnerhuelen, fir de Wi-Fi an den Zich vun den CFL ze realiséieren.*

(s.) Marc Goergen, Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorable Här Marc Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegen, bon, ech mengen, fir d'éischt och dem Chantal Gary e ganz, ganz décke Merci fir déi wierklech sober, propper an detailléiert Presentatioun vun dësen 52 Projeten. Si huet, mengen ech, eng ganz flott an och eng ganz interessant Presentatioun gemaach – op all Detail konnt een net agoen – an awer trotzdem dat ganz detailléiert presentéiert. Dofir dem Chantal Gary nach eng Kéier e ganz, ganz décke Merci.

Bon, wéi den Här Kaes gesot huet, wollt ech spezifesch op deen een oder deen anere Projet am Südweste vun der Stad agoen. Ech wëll awer och hei direkt viraus soen, datt déi 52 Projeten uechtert d'ganz Land, déi hei presentéiert gi sinn, natierlech alleguerter wichteg sinn, an all Secteur an all Beräich duerfir wichteg fir d'Weiderentwécklung vun eisem Land ass, wat schonn eng Partie Riedner och viru mir elo gesot hunn. Dofir och vun eiser Säit aus, vun der CSV, alleguerter deene Leit, deene Servicer, deene Büroen, déi an Zukunft un der Ausaarbechtung vun dësen Projete schaffen, elo schonn e ganz, ganz décke

Merci fir hir Aarbecht, déi se hei maachen. Well et ass wichteg fir d'Weiderentwécklung vum Grand-Duché, fir déi Projeten alleguerter an deenen nächste Joren och kënnen ëmzesetzen.

Elo just e puer Wuert, Här President, Här Minister, wann Der erlaabt, zum Südweste vun der Stad Lëtzebuerg, wou momentan ganz, ganz vill Aktivitéit ass mat engem Quartier Cloche d'Or oder Ban de Gasperich respektiv awer och enger Zone d'activité Howald, wou extreem vill Infrastrukturearbechten à ce stade ënnerwee sinn. Bon, hei an dësem Projet ass de Quartier Midfield, wou eng Iwwerdeckung iwwert d'Diddelenger Autobunn, also iwwert d'A3, an deenen nächste Jore soll etudiéiert an dann och duerno ëmgesat ginn.

An deem ganze Beräich, bon, nieft der Beetebuerger Zuchstreck, wou och de Rippage elo viru e puer Woche war vun där impressionanter Bréck, déi iwwert d'Diddelenger Autobunn gedréckt ginn ass, sinn awer och Tramsaarbechten ënnerwee.

Dann de Pôle d'échange, d'Gare périphérique, wat e ganz, ganz wichtige Pôle ass, wat den Zuchverkéier an d'Zuchverbindungen ugeet, deen amgang ass, ëmgesat ze ginn.

Do ass dann och den Echangeur Hesperange, deen an deenen nächste Jore soll a muss gebaut ginn. Do ass dann och den Ëmbau vum Rond-point Gluck, deen an deenen nächste Jore soll a muss gemaach ginn.

Duerfir, Dir gesitt, do sinn eng ganz Partie Projeten, déi an dësem Eck an deenen nächste Jore wäerten entsto. Net ze vergiessen natierlech och alles, wat de Stroossebau ugeet, de Contournement d'Alzingen, wou ech och dem Minister da stellvertriedend fir de Conseil de Gouvernement wëll Merci soen, datt viru e puer Wochen dann och den definitiven Tracé vun dësem Contournement d'Alzingen fixéiert ginn ass.

Den eenzege Bemoll, deen ass dat Finanzéierungsgesetz, dat nach net gestëmmt ass. Mee ech mengen, mir sinn do awer och gudder Hoffnung, datt an deenen nächste Méint do äifreg dru geschafft gëtt, soudatt d'Finanzéierungsgesetz och schnellstméiglech hei an der Chamber kann deposéiert an och votéiert ginn.

Duerfir, Dir gesitt, et sinn eng ganz Partie Projeten, déi an deem Eck sinn. Bon, ech mengen, wat d'Weiderentwécklung dann dee Moment an dësem Quartier an awer och an dem Südweste vun der Stad Lëtzebuerg ugeet, ass et wichteg, datt dës Projeten ëmgesat ginn.

Bon, ech mengen, wat d'Projeten ugeet, wëlle mer als CSV, dat huet och scho mäi Kollege den Aly Kaes gesot, konstruktiv mat dru schaffen, fir dann eebe bei de jeeweilege Projeten, wann et méiglech ass, eventuell um lokale Plang, do deen een oder deen anere Coup de main ze ginn, fir datt dës Projete kënnen ëmgesat ginn.

A wann ech soe „konstruktiv“, da wëll ech just der Madamm Cecchetti widersprechen, déi virdru gesot huet, datt eng Partie CSV-Bauteminister an deene leschte Jore verschidde Saache solle verhënnert hunn. Ech wëll just eng Kéier kuerz an den Historique goen: Et gouf zanter de 60er-Joren am Ganzen dräi CSV-Bauteminister, dat waren de Jean-Pierre Bülcher, d'Madamm Erna Hennicot-Schoepges an de Claude Wiseler. An dee leschte Bauteminister, juste pour rappel, dat war och dee Minister, deen dann awer derzou bäigedroen huet, datt den Deblockage stattfont huet, wat de Bau vum Tram hei an der Stad ugeet.

(Interruption)

An ech mengen, dat sollt een och emol eng Kéier ervirhiewen, datt eng Viraarbecht viru Jore geleescht

ginn ass. An ech mengen, och mam Modu 2020 si Viraarbechte gelescht ginn, fir genau dat kënnen ëmzesetzen. A mir sinn extreem dankbar, datt effektiv dann och dës Regierung an dëse Bauteminister genau dat iwwerholl hunn an och ëmgesat hunn. An ech mengen, duerfir sti mer do, wou mer haut stinn, wat den ëffentlechen Transport, notament hei an der Stad, ugeet, well och déi Viraarbecht viru Jore gelescht ginn ass.

Erlaabt mer, Här President, just nach zwee Wuert ze soen. Wann ech soe „konstruktiv“, da mengen ech och konstruktiv. An an deene leschten Deeg, do hate mer och d'Méiglechkeet, zesumme mam Minister Bausch, souwuel an der Kommissioun wéi awer och hei an der Chamber, iwwert den Ausbau vum Tram, notament um Houwald an der Rue des Scillas, ze schwätzen. Ech hat do déi eng oder déi aner Fro an awer och Suggestioun mat op de Wee ginn an der Kommissioun, an och de Claude Lamberty huet dat dës Woch nach eng Kéier gemaach. An an deene leschten Deeg sinn eng Partie Mailen, awer och eng ganz Partie Informatiounen hin an hier gaangen.

Ech wéilt de Minister do nach eng Kéier bieden, deenen zoustännege Servicer, dat heescht souwuel Luxtram wéi awer och de Ponts et chaussées, mat op de Wee ze ginn, datt momentan ënnen, wat d'ëmbauaarbechten an der Rue des Scillas ugeet, e gewëssene Knet entstanden ass, well extreem vill Aarbechte beieneen amgang sinn, ëmgesat ze ginn. An dee Knet, deen ass relativ important à ce stade, den Här Lamberty hat et scho gesot. Ech hat och drop higewisen, datt notament den Tennisclub, deen doënnen an der Rue des Scillas ass, an deenen nächste Méint, wann d'Infrastrukturarbechte virugefouert ginn, guer keng Méiglechkeet vun Emplacementer méi fir déi Leit huet, déi bäikommen, fir hir Kanner ze deposéiere respektiv och nees sichen ze kommen.

Duerfir, Här Minister, wär et wichtig ... Bon, ech weess, datt den Här von der Marck vu Luxtram ganz, ganz ferm op de Gas dréckt, wat den Ausbau vum Tramstreck ugeet. Et ass wierklech e Knet do an dee muss zwësche Ponts et chaussées a Luxtram geléist ginn, notament wat dann d'Assise vum Tram direkt nieft dem Tennis Houwald ugeet. An ech hat net méi spéit wéi de Mueren och mat engem Proprietär geschwat, deen eng Parzell direkt adjacent vum Tennisclub Houwald huet, fir eventuell e provisoiresche Parking do ze amenagéieren.

Duerfir, Här Minister, et wär gutt, fir nach eng Kéier do Récksprooch ze halen. Muer ass och eng Entrevue tëscht Luxtram, Ponts et chaussées an och Vertrieeder vun der Gemeng Hesper, fir dee Knet, deen nach do ass, wat d'Accèsen op déi jeeweileg Parzellen ugeet, ze léisen. Duerfir, wann eis Ponts et chaussées do kéinten behëlleflech sinn, well dee Proprietär vun där Parzell, wéi ech elo just gesot hunn, wär disposéiert, fir seng Parzell während e puer Méint à disposition ze stellen, fir e Parking provisoire do ze amenagéieren, en attendant datt eng final Léisung fonnt gëtt, wou dann d'Gemeng Hesper och amgaangen ass, eng Modification ponctuelle vum PAG ze maachen, fir e Parking kënnen ze amenagéieren à proximité vum Tennisclub Houwald.

Dat gesot, wëll ech alleguerten deenen, déi hei un dës Projete matschaffen, nach eng Kéier e ganz, ganz décke Merci soen, och dem Minister sengen Ekippen e ganz, ganz décke Merci. An, wéi scho gesot, d'CSV wäert dann och dës Motioun vun dëse Grands projets d'infrastructure matdroen a matstëmmen.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Lies.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Minister fir ëffentlech Bauten a Mobilitéit François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Merci, Här President. Fir d'éischt e grouse Merci un d'Madamm Gary fir deen ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport zu deenen iwwer 50 Projeten. Dat war jo net esou einfach, och well se esou villfältig sinn: am Déifbau, am Héichbau, also all méiglech Saache sinn hei mat dran.

An ech géif och vläicht am Ufank direkt hei an der Chamber, an der Pleniëre, wëlle soen, wat ech an der Kommissioun gesot hunn: De Fait, datt mer esou vill Projeten hunn, dat ass natierlech, well d'Regierung vill wëllt investéieren. Do sinn och ganz vill grouss Projeten derbäi, mee Dir gesitt awer, et sinn der och eng ganz Rei derbäi, wat net dat ass, wat ee ka grouss Projeten nennen. Duerfir sinn et der awer och 52. Dat ass bis elo effektiv e Rekord, wéi et schonn hei gesot ginn ass, zënter datt mer déi Motioun hei an der Chamber maachen, also dee Wee gewielt hunn, fir der Regierung Autorisatiounen ze ginn, fir Saachen ze bauen.

An ech mengen awer, datt et duerfir un der Zäit ass, sech eng Kéier ze ënnerhalen iwwert dee Seuil vun 10 Milliounen respektiv vu 40 Milliounen. Deen ass zënter 2008 net méi ugepasst ginn. A wa mer wëlle verhënnere, datt mer op eemol awer nu wierklech all kleng Aarbechten op eemol op där Lëscht hunn, zumindest bei de Projete vun iwwer 10 Milliounen, dann, mengen ech, wär dat adaptéiert.

D'Regierung wäert eng Propos do maachen. Ech mengen, ech hat an der Kommissioun och gesot, mir wäerten Iech och nach Berechnunge maachen, wéi d'Präisser sech entwéckelt hunn iwwert déi lescht 14 Joer, da kann een dat och alles novollzéien. An ech sinn dankbar, well et schéngt jo esou ze sinn, datt awer jiddwereen där Meenung ass. Dat betrëfft souwisou net méi dës Legislaturperiod, wa mer eng Ännerung virhuelen, mee dat betrëfft déi nächst Legislaturperiod, also no de Walen. Déi nei Regierung muss sech dann domadder zurechtfinden. Mir maachen donc och schonn eng Aarbecht da fir déi nei Regierung.

Dat gesot, ass et awer richtig, datt mer Rekordinvestissementer hei am Land am Moment hunn. Dat ass natierlech wichtig, fir Lëtzebuerg ze moderniséieren an deenen eenzelnen Infrastruktureberäich. Ob et am Stroossebau oder am Bauwerk vum ëffentlechen Transport ass, ob et am schoulesche Beräich ass, am kulturelle Beräich, all déi Projeten, déi hei opgezielt gi sinn, dat si ganz villfältig. Dat mécht, datt, well mer esou vill investéieren, mer Lëtzebuerg weider gutt opstellen, well eng gutt Infrastruktur ass d'Voraussetzung, datt d'Land attraktiv ass an datt et weider ka fonctionéieren an datt mer dee Wuelfstand, dee mer hunn, och kënnen halen.

An natierlech bidde mer jo och iwwert déi Infrastrukturen de Biergerinnen an de Bierger am Land och Déngschtleeschungen un. Well mir kënnen natierlech nëmmen Déngschtleeschungen ubidden, wa mer och déi adequat Infrastrukturen hunn, fir se kënnen unzibidden. Also, wéi gesot, dat ass schonn e substanzuelle Baitrag, dee mer hei leeschten, fir d'Land ze moderniséieren.

Den zweete Punkt ass natierlech och, datt dat heite besonnesch gutt kënnt an där Phas, wou mer haut sinn. Mir sinn zwar net an enger Rezessioun, mee mir gesinn awer, datt de Wuesstum vum PIB e gutt

Stéck zrëckgaangen ass, an och fir d'nächst Joer sinn d'Prognosen net esou favorabel wéi déi Jore virdrun.

A virun allem an der Baubranche, do spiere se kloer, datt d'Commandëbicher net méi esou voll si wéi nach virun enger Zäit, a se sinn duerfir wierklech dankbar, datt de Staat weider vill investéiert, well dat hëlleft, zumindest déi Lacunen opzefüllen. An dat ass dann och e bësse mat den zweeten Objektiv vun deene ville Projeten, déi mer hei hunn. Op alle Fall, wann d'Baubranche dat heite gesäit, wat mer alles plange vun der ëffentlecher Hand hier, brauch se sech keng Suergen ze maachen, datt d'Commandëbicher méi kleng ginn.

Ech wëll dann agoen op e puer Froen, déi gestallt gi sinn am Zesummenhang mat enger Rei Projeten. Ech fänken u mam Här Kaes, deen eng ganz Rei Froe gestallt huet am Zesummenhang mat der N7, mat deene ville Projeten, déi op der N7 virgesi sinn.

Ech wëll em soen, datt bei der Closdell Diskussiounen lafen, fir d'Emprise ze kréien. Dat ass dee wichtigste Punkt. Well mir si relativ prett um Niveau APD (ndlr: avant-projet définitif), fir do kënnen ze schaffen. Et ass eigentlech all virgesinn, datt deen Deel am éischte Lous vu 4,7 km tëscht dem Fridhaff a Richtung Wemperhaart soll gebaut ginn. An deen ass am éischten Deel, also am éischte Lous. Dat heescht a priori, wa mer d'Emprisë séier kréien, da kann et sinn, datt d'nächst Joer d'Aarbechte schonn uginn. Mee et häng awer wäitgeend vun den Emprise of.

An dann ass et och esou: Déi Brécken, déi mer elo maachen op der N7, déi am Zesummenhang sti mat der B7, sinn natierlech all matgeduecht bei der Verbreederung vun der B7 op véier Spuere bis op de Fridhaff. Also, dat wär jo Schilda, wa mer géifen higoen a mir géifen déi Bréck renovéieren a mir géifen da soen: „An zwee oder dräi Joer oder duerno baue mer se aus.“ Ech mengen, mir wäerten dat elo schonn esou plangen – hei si mer och nach am Etüdestadium –, datt dat virgesinn ass. A mir wäerten dat souguer nach e bëssen updaten, well do kommen och nach déi ganz Iwwerleeungen dran am Zesummenhang mat der Nordstad, déi ganz Saachen, déi mer virgestallt hunn am Kader vum Plan national de mobilité mat der Nordstad.

Bon, dann ass eng Fro gestallt ginn – ech mengen, et war den Här Weber – zu der Nordstreck, der Eisenbahnstreck, datt mer déi misste relativ zügig och vun Ettelbréck Richtung Ëlwen op zwee Gleiser bauen. Do wëll ech just soen: Natierlech ass dat alles méiglech, mee ech wëll vläicht eng Kéier un d'Historie erënnere, firwat déi Streck haut esou verleeft, wéi se verleeft. Do gëtt et en histoireschen Hannergrond, an dee läit doranner, datt ursprüngelech, wéi déi Streck sollt gebaut ginn – dat ass scho ganz, ganz laang hier! –, du sollt se am Fong iwwer Dikrech an da riichterop goen. Dat wär dee logeschsten Tracé gewiescht, well dee wär vill méi duerch Däller gaangen. Dikrech wollt deemools net ugeschloss ginn an deem Mooss, an dunn ass decidiert ginn, eeben deen Tracé ze wielen, dee mer haut histoiresch hunn.

Dir wësst awer, wat dat bedeit, wann Der deen op zwee Gleiser ausbaut. An do schwätzen ech net vun deem Stéck, wou laang gemengt ginn ass, déi Vélodrom géif elo dat zweet Gleis onméiglech maachen, also vu Clierf op Ëlwen, mee ech schwätzen éischter vu virdrun, déi vill Tunnellen, déi mer virdrun hunn, an déi komplizéiert Streckeféierung – dat heescht, wann een dat eng Kéier wëllt maachen.

Mee ech mengen net, datt dat à ce stade schonn noutwendeg ass. À ce stade muss mer mol d'Moderniséierung vun der ganzer Nordstreck, haapt-sächlech d'Gare Ettelbréck, fäerdegkréien an deem-entsprechend och nach Rei Saachen an der Gare

Lëtzebuerg. A wann dat bis fäerdeg ass, wäerte mer d'Capacitéit nach eng Kéier kënnen déck eropsetze fir den Zuch an den Norden.

Mee wa sech awer an Zukunft eng Kéier sollt eraustellen, datt een dat wëllt oder soll maachen, da soen ech Iech, dat gëtt net esou einfach, fir déi Streck ze bauen, se op zwee Gleiser ze bauen, mat deene villen Tunnellen, déi Der do hutt! Wann Der gesitt, wat an engem Tunnel scho fir Schwierigkeete waren, kënnt Der Iech virstellen, wat dat bedeit, wann Der do weiderfuert. Dat heescht, do muss een da scho méi eng fundamental Iwwerleeung féieren, wéi een dat wëllt maachen. Mee bon, Dir hutt awer Recht: Wann et noutwendeg ass, soll et eng Kéier gemaach ginn.

Da wollt ech just der Madamm Cecchetti eppes soen. Ech wollt am Fong net drop agoen, mee wéi ech se hei héieren hunn a wéi se hei elo dee Plang gewisen huet vu Käerjeng, do muss ech awer soen, do hunn ech awer e bësse missen de Kapp rëselen, soen ech Iech ganz éierlech. Well dat, wat Der hei gewisen hutt, an dat, wat zënter haut zu Käerjeng geschitt, beim beschte Wëllen, fir do ze maachen, wéi wann do de Bësch géif ofgeholzt ginn! Do ginn, wann et normal geet, wann et gutt geet, zwee Beem ewechgeholl. Zwee! Ganzer zwee! Wann et schlecht geet, fënnel!

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Fënnel! An, jo, Madamm Cecchetti, da lauschtet och elo no, wann ech Iech déi Erklärungen ginn! Dat wär vläicht net esou schlecht, da kënnt Der och Äre Leit dat ...

(Brouhaha)

... den Owend matdeelen. Also, zwee Beem, wann et gutt geet, wann et schlecht geet fënnel, ginn ewechgemaach. Déi ginn ewechgemaach, well eng Gasleitung fir Luxguard do muss verluecht ginn, am Zesammenhang natierlech mat deem CR, deen do ass. Also, elo ze behaupten, de Fait, datt mer zwee – oder loosse mer da soen tëschent zwee a fënnel – Beem ewechhuelen, gläichzestell mat der Ofholzung vum hallwe Bësch, dat fannen ech e bëssen umoossend!

An duerfir ass dat, wat an deem Communiqué steet, deen Der hei zitëiert hutt, carrement falsch. Dat, wat d'nächst Woch – wann et dann d'nächst Woch ass, dat ass emol guer net sécher, ob dat d'nächst Woch ass – virun de Geriichter um Fong plädéiert gëtt, dat ass jo net wéi dat, wat des Woch geschitt ass. Des Woch ass e Referé probéiert gi vun e puer Leit, déi Dir gutt kennt, fir déi doten Aarbechten, fir déi Gasleitung ze verleeën, ze stoppen. An dee Referé, wëll ech Iech soen, deen ass verluegange, an ech kommen och nach do-robber zréck.

Mee déi Wëldebréck, déi Der domat wëllt an Zesammenhang bréngen, déi huet mat deem Chantier hei wierklech näischt ze dinn. An där Autorisatioun, déi d'Stroossebauverwaltung vum Environnement kritt huet, do sinn effektiv dräi Saachen dran, dat ass d'Ursprongsautorisation: Do ass dran, datt ee kann eng Wëldebréck bauen, do ass dran, datt een den CR kann ofsenken, an do ass dran, datt d'Gasleitung kënne verluecht ginn. Or, dat, wat hei elo geschitt, dat ass, datt Gasleitung verluecht ginn, an dat huet mat der Wëldebréck strictement näischt ze dinn!

A fir de Rescht, bon, do si verschidde Leit, déi Dir, wéi gesot, gutt kennt, déi kloer jo de Moment géint alles, déi hu gemengt, si missten och dogéint kloen. Da sollen d'Geriichter entscheiden, ob dat richteg oder falsch ass.

Dat, wat ech awer hei wëll soen a wat ech awer wierklech net akzeptéieren, dat ass: Mir sinn an engem Rechtsstaat, an natierlech huet jiddwereen d'Recht,

net averstanen ze si mat eppes. Jiddwereen huet d'Recht ze manifestéieren, Petitiounen ze maachen, ze kloen. Mee wann d'Geriicht awer bis decidéiert huet, wéi dat d'lescht Woch geschitt ass par rapport zu där Autorisatioun an zu deenen Aarbechten, déi elo gemaach ginn, an do ass am Referé eng Decisioun geholl ginn, da wär ech frou, wa mer eis och alleguer eens wäeren, zumindest hei an der Chamber – do bausse ka wéinst menger een nach denken, wat e wëllt, mee hei an der Chamber wär ech awer frou, wann d'Deputéiert sech eens wäeren –, datt de Rechtsstaat dach respektéiert ginn ass an datt mer eis alleguer och sollen dorunner halen! Méi wollt ech domadder net soen ...

M. Fernand Etgen, Président | Här Bausch, erlaabt Der, datt d'Madamm Cecchetti Iech nach eng Fro dozou stellt?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Selbstverständlech.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Et ass net richtig, wat Dir sot. Den 12. Dezember um néng Auer gëtt ... Jo, Dir kënnt grinsen an en An zoupëtzen, ech fannen dat respektlos, dat do!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Madamm Cecchetti, ...

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Den 12. Dezember soll den ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | ... vu Respektlosegkeet mer dat vun Iech soen ze loosse ...

Plusieurs voix | O!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | O jo, kommt, mir fuere virun! Den 12. Dezember um 9.00 Auer soll dat do gesprach ginn um Fong. An Dir hutt gesot, mir sollen d'Geriichter entscheede loosse. Majo, da kommt, mir loosse déi entscheeden! Well wann déi nämlech den 12. Dezember entscheeden, datt dat do net richteg ass, datt do ofgeholzt gëtt, wat maache mer dann? Peche mer d'Beem erëm un?

A mir sinn net ... Dat do huet näischt mat der Gasleitung ze dinn. Et huet kee Mënsch gesot, déi dierft net verluecht ginn! Et waren zwou Saachen: Déi muss net duerch de Bësch geluecht ginn, déi hätt och kënnen anzwousch aneschtens geluecht ginn. Firwat muss déi esou déif geluecht ginn? Et kommen aner Pläng, dräimol sinn d'Pläng gewieselt ginn. De Referé huet net gesot, datt am Fong d'Biergerinitiativ Onrecht huet, an Dir wësst dat ganz genau! Dir wësst ganz genau, datt Der hei eppes sot, wat net richteg ass! Um Referé gëtt et eebe keng Appellsméiglechkeeten an d'BIGS huet och net um Fong Onrecht kritt. Dat ass awer immens wichteg!

A wann een hätt wëllen dat do elo respektéieren, dann hätt een, mengen ech, awer kënnen eng Woch waarden. An da kënnt Dir awer net zu de Bierger soen, si géifen Urteeler net respektéieren oder si géifen d'Geriicht net respektéieren, ...

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, wéi laang huet en Deputéierte Riedezäit, fir dertëscht Froen ze stellen?

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | ... well hei ass et Ponts et chaussées, déi dat net akzeptéieren!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech weess net, wou d'Froen do elo nach alleguerte sinn.

M. Fernand Etgen, Président | Ech hunn d'Froen och nach net ze pake kritt.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Ma d'Fro ass, ...

(Hilarité)

... Dir sot „zwee Beem“. Sinn dat heiten zwee Beem?

(Mme Myriam Cecchetti montre un plan sur son portable.)

Une voix | Et gesäit een näischt.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Hei zielen ech ... Jo, ech misst et méi grouss huelen, ech hunn awer leider keng Projektion. Also, do si méi wéi zwee Beem ofgeholzt ginn!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech hu gesot „tëscht zwee a fënnel“. Här President, ...

(Interruption par Mme Myriam Cecchetti)

Mee dat hunn ech jo gesot! Här President, ech wëll der Madamm Cecchetti soen, datt dat, wat déi Biergerinitiativ geklot huet um Fong, dat ass eng Klo géint déi Wëldebréck. An dat ass net eng Klo par rapport zu den Aarbechten, déi hei gemaach ginn.

Déi Aarbechten, déi hei gemaacht ginn, do huet déi Biergerinitiativ e Referé gemaach, well se fonnt huet ..., well se e Lien wollt maachen zu där Wëldebréck, déi awer net steet, a well se gesot huet, donc, well nach um Fong bei der Wëldebréck sollt tranchéiert ginn an dat hei am Zesammenhang stéing, misst dat doten elo vum Geriicht verbuede ginn, datt déi Aarbechte kënnen ugefaange ginn, soss géif do e Fait accompli geschafe ginn. Or, dat huet d'Geriicht anescht gesinn an donc heescht dat, wann de Referé verluer gëtt, da kënnen d'Aarbechte gemaach ginn.

Fir de Rescht, mat der Wëldebréck, wien do Recht huet – déi gëtt jo elo net gebaut, am Moment souwiesou net –, soll dann d'Geriicht seng Aarbecht maachen an dat tranchéieren. Bon, fir mech ass dat domadder ofgeschloss. An déi Aarbechten, fannen ech, déi ginn, esou wéi et sech gehéiert, gemaacht, fir datt déi Gasleitung – et geet hei ëm d'Gasleitung – ka verluecht ginn.

Da wollt ech nach dem Här Engelen soen: Am Mëllerdall, dozou hat en e puer Froe gestallt, do sollen déi Aarbechten ugangs 2023 ulafen. Dat ass esou virgesinn, soudass dat eigentlech eng gutt Nouvelle ass.

An ech wollt dem Här Goergen och soen, datt seng Propos, op der N31, um PED Péiteng, eppes ze maachen, och am PNM 2035 esou virgesinn ass. Mir wëllen effektiv déi N31 als nei Achs stäerken, fir natierlech den Transit, och méi Transit kënnen do opzehuelen. Do gëtt et awer nach kee Projet, mee dat ass awer am Plan national de mobilité virgesinn, fir och an déi Richtung eppes ze maachen.

Dann zu der Rue des Scillas: Natierlech ginn ech dem Här Lies Recht, datt ee soll genau oppassen, wat an der Rue des Scillas geschitt, an datt ee muss alles maachen, fir an där schwieriger Situatioun de Bierger esou vill wéi méiglech entgéintzekommen. Bon, a wann do Léisunge kënne fonnt gi fir provisoiresch Parkingen, sou wäert ech menge Leit d'Instruktioun ginn, datt se do solle ganz konstruktiv mat drun erugeen an hëllefen, datt déi eppes kënne ginn.

Et geet jo drëms, datt mer dee Chantier, d'Nuisancen, esou kleng wéi méiglech halen, wëssend natierlech ëmmer – ech mengen, do si mer eis jo och all eens –, datt dat e ganz komplizéiert Chantier ass, well et gëtt jo net nëmmen den Tram gebaut, mee et gëtt eng Strooss verbreedert an et gëtt eng Baach verluecht. Also, et si scho komplex Aarbechten, déi do gemaach ginn.

Déi gutt Nouvelle ass awer och, datt Enn 2023 schonn d'Testfaarte vum Tram fueren. Dat heescht, d'Leit hunn en Enn vum Tunnel a Siicht. Mir sinn elo Dezember 2022, also wann alles ouni Schwierigkeeten

iwwert d'Bün geet, dann ass dee Chantier d'nächst Joer am Hierscht fäerdeg. Da gëtt d'Situatioun natierlech fir d'Leit eng vill besser wéi haut. Bon, en attendant musse mer dat kucken.

Ech weess och, Dir hutt et jo gesot, et sinn eng Rei Reunionen nach dës Woch, a meng Leit hunn, wéi gesot, vu mir Instruktiounen, fir ze kucken ze hëllefen, datt dat esou optimal wéi méiglech opgestallt gëtt, fir d'Nuisancë fir d'Leit esou kleng wéi méiglech ze hale während där Zäit.

M. Fernand Etgen, Président | Här Bausch, erlaabt Der, datt den Här Halsdorf Iech eng Fro stellt?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, selbstverständlech.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Ech hunn Iech elo gutt nogelauschert. Dir hutt gesot, dass eng Léisung virgesinn ass, fir beim Rond-point Porte de Lamadelaine de Verkéier besser ze féieren. Ech weess pertinemment, dass et do Pläng gëtt, fir eng Ënnerféierung ze maachen. Dir hutt gesot, et wäre keng Pläng do, mee et gëtt Pläng! Wëllt Der op déi Solutioun zrëckgräifen oder wëllt Der eng aner Solutioun?

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Nee, nee, et gëtt nach keng Pläng. Ech hu just gesot, dass am Plan ...

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Dach, et gëtt Pläng. Et gëtt Pläng!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, nee, et gëtt ... Also, fir déi dote Strooss ëmzegestalten, do sinn et scho vill Pläng ginn, dat ass richtig, mee mam Plan national de mobilité 2035, mat deem mer jo wëlle kucken, eeben den Transitverkéier aus den Uertschaften erauszerkéien, hu mer nach nei Iddie materabruucht fir ze kucken, effektiv déi dote Strooss precisement ze notzen, fir Transit op déi eriwuer ze kréien.

Bon, da kann dat doten eng Variant sinn. Et muss ee kucken, wat dat Beschäit ass elo och an där ganzer Philosophie, déi mer do entwéckelen. Dir wësst jo och, datt mer am Kader vum Zuchausbau nach Iddien hunn, fir dee ganzen Eck, also Déifferdeng, Péiteng, Bascharage, soudatt ee muss kucken, wéi dat do aneengräift. Mee et ass ganz kloer awer d'Zilsetzung, fir an déi dote Richtung ze goen.

Da sinn nach e puer Froe gestallt gi wéinst dem Projet NeiSchmelz zu Diddeleng. Bon, do si siwe Kulturinstitute virgesinn, déi sollen dra kommen. Ech mengen, datt ass e Projet, deen net nëmme fir Diddeleng, mee och fir d'Kultur an insgesamt fir d'Revalorisatioun vun deem Site ganz wichteg gëtt. De Policemusée do dran ze setzen, bon, dat war nach ni um Dësch. Ech wëll awer just soen, datt et net esou ass, datt de Policemusée net scho Propose gemaach kritt huet. Et war eng Hal zu Miersch proposéiert ginn. Déi war anscheinend net gutt genuch.

Et muss ee sech awer och heiansdo vläicht iwwerleeën, wa Propose gemaach ginn, ob ee se net vläicht e bësse méi konstruktiv och ophëlt. Mee bon, datt ass awer net mäi Projet. Ech setze just dat ëm, wat ech vun den eenzelne Ministeren, déi dann de Ressort hunn, gesot kréien, also wat déi gäre maachen. Op alle Fall war dat op der NeiSchmelz bis elo nach ni en Thema an ech mengen och net, datt bei deem, wat alles do virgesinn ass, do iwwerhaupt nach Plaz ass, fir esou eppes ze maachen. Dat geséich ech ganz, ganz schwéier, op alle Fall, wann ech gesinn, wat alles do soll hikommen.

Här President, ech wollt ofschléissend e grouse Merci soe fir déi ganz breet Zoustëmmung zu all

deene Projeten. An da wënschen ech da mengem Nofolger bonne Chance, fir se all ze realiséieren!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. An da Parole après ministre fir den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Här Bausch, ech hunn d'Zuelen nach eng kéier erausgesicht, wou Der virdrun derzwëscht geschwat hat. An zwar ass et aus enger Question parlementaire, déi nach méi nei ass wéi eis, vum Här Paul Galles vum Januar 2022. Am Moment hutt Der 40 Gebaier mat Solar- an 19 mat Solarthermieanlage vun 1.500 Gebaier.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo.

M. Marc Goergen (Piraten) | Dat mécht 4 % laut Ärer Äntwert op déi Question parlementaire, vun de Parkplazen net ze schwätzen. Vun den Heizunge war d'Fro, do hutt Der zwar intelligent geäntwert, fir keng Zuele mussen ze soen, d'Majoritéit vun den Heizunge géif nach mat fossiler Energie fonctionéieren. Dofir hunn ech virdrun de Punkt gemaach, dass ech frou sinn, dass en Ëmdenke kënnt an dass mer méi wéi 4 % Solar op den Diecher vun dem Staat kréien.

Merci.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Dir hutt och, wann Dir interesséiert sidd: Mir kruten eng kéier an der Chamberskommission – ech weess net, ob Der deemools do waart – vu Bâtiments publics eng ganz détailléiert Bestandsopnam presentéiert, mat all de Gebaier, déi Der elo opgezielt hutt, déi 1.000... Dat kléngt jo elo natierlech extreem dramatesch, wann een da seet, 4 % dovunner, mee do hat Der och d'Altersstruktur vun de Gebaier an och wéini wat gebaut ginn ass, an da musst Der dat jo vergläichen, Här Goergen, mat dem Zäitraum, vu wéini un d'Solarenergie op den Haiser iwwerhaupt ugefaangen huet. Jo, da musst Der ...

(Interruption par M. Serge Wilmes)

Gelift? Wat sot Der do gär, Här Wilmes?

(Interruption par M. Serge Wilmes)

Si mer elo am Stater Gemengerot?

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Ech fäerten, mir sinn elo net méi bei de Grands projets d'infrastructure.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, ech hu kee Problem, wann den Här Wilmes och nach eng Gemengerotssëtzung hei wëllt weiderféieren.

M. Fernand Etgen, Président | Nee, mir si lo net méi bei dem Ordre du jour vun haut de Mëtteg an den Ordre du jour vun haut de Mëtten sinn d'Grands projets d'infrastructure!

M. Sven Clement (Piraten) | Dir waart jo och emol an deem Gemengerot, Här Bausch.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo, ben, ...

(Interruption)

Gelift?

Une voix | Sidd dach e bësse flexibel, Här Minister!

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Ech si flexibel. Also, ech hu gutt Zäit, ech hunn den Owend näischt vir an ech hunn ...

(Hilarité)

Ech sinn den Owend ... Wann Dir och esou gutt Zäit hutt, da kënne mer nach e bësse weiderfueren, kee Problem.

Nee, Här President, ech hu just ... Nach ee Saz, da schléissen ech domadder of. Ech wëll d'Deputéiert net ze vill ophalen. Wéi gesot, et brauch een nëmme dat ... dat Dokument, dat ass nach erofluedbar bei der Chamber, da kann ee sech dat do ukucken, da gesäit een d'Altersstruktur vun de Gebaier an da gesäit een, datt dat, wat mer maachen a wat d'Bâtiments publics mécht, zënter datt et Méiglechkeete gëtt, fir Solaranlagen op en Daach ze leeën, eigentlich eng ganz gutt Aarbecht ass. Déi wäerte mer kënne beschleunegen an den nächste Joren duerch de Fait, datt mer och vill Neies bauen a well mer och e grouse Programm hunn, fir kënne ze investéieren.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Minister fir déi zousätzlech Prezisiounen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Motions

Mir mussen dann nach zum Vott vun de Motioune kommen.

Motion 1

Fir d'éischt déi Motioun, déi vun der Madamm Chantal Gary deposéiert ginn ass. Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen? Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen!

Une voix | Nee, neel!

M. Fernand Etgen, Président | Nee, de Vote électronique ass gefrot.

Vote sur la motion 1

Da komme mer zum Vott vun dëser Motioun. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 58 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiuonen ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt (par M. André Bauler), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par Mme Carole Hartmann) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Motion 2

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2, déi vum Här Marc Goergen deposéiert ginn ass, an där gefrot gëtt, eng Entscheidung ze huelen, fir en Tunnel ënnert dem Rond-point beim LMA ze bauen. Wëllt nach

een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Chantal Gary.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci fir d'Wuert a merci fir d'Motioun. Jo, ech géif proposéieren, déi heiten de Moment nach net unzehuelen. Wéi den Här Minister elo grad gesot huet, ass et en vue am PNM an do misste fir d'éischt Etüde gemaach ginn an et ass eeben aktuell ze fréi, fir elo do eng Entscheedung ze treffen. Dat heescht, et ass besser, mir waarden déi Etüden of, an da kënne mer gären nach eng Kéier iwwert déi Streck schwätzen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Gary. Da freet nach den Auteur vun der Motioun d'Wuert. Nee, fir d'éischt den Här Wolter Michel opgrond vun dem Wonsch vum Här Goergen.

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, dann ass dem Här Goergen säi Wonsch mir Befehl.

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président | Hien ass den Auteur vun der Motioun.

M. Michel Wolter (CSV) | Ma jo, ma jo. Also, Här President, a mengen Aen ass déi Motioun hei eigentlech d'Spiegelbild vu villen Aspekter, wéi mer Politik hei zu Lëtzebuerg bedreiwen, well de Problem am Südweste vum Land, wat d'Verkéiersféierung am motoriséierten an net motoriséierte Verkéier ubelaangt, dee besteet net an engem Rond-point, mee e besteet eigentlech an engem nationale Konzept, dat sech da regional a lokal ëmsetze loosse soll. Dat heescht, eng Decisioun ze huelen, fir hei e Rond-point ze bauen, bréngt eigentlech iwwerhaapt näischt an där dach weesentlech méi grousser Problematik, wéi mer an Zukunft d'Verkéiersgestaltung am Südweste vum Land wëlle maachen.

De PNM gëtt eng ganz Rei vun Äntwerten, muss ech wierklech soen. Ech hunn dat ëfters scho gesot, dass et a mengen Aen en Dokument ass, dat eng ganz Rei vun Äntwerte gëtt, mee et hänkt awer dervun of, wéi een et ëmsetzt. Et huet net ganz vill Sënn, fir e Plan national de mobilité 2035 ze maachen, an deem eng ganz Rei Saache fir déi Géigend vum Land stinn, an dann awer an der Exekutioun an deenen eenzele Ressortministèren eigentlech net virunzekommen.

An ech soen, fir déi Region do stinn dräi, véier Saachen am PNM, déi richtungsweisend wieren, wa se da bis 2035 ëmgesat wieren. Dat eent, dat ass den Ausbau vun der Collectrice du Sud op véier Spuere Richtung Grenz vun der Biff un. Dozou gehéiert dee Rond-point, fir déi Leit, déi sech net esou an deem Eck erëmkenne, mee genau sou, wéi an der Question parlementaire beäntwert, bréngt et näischt, fir eng Unterföhrung ënnert engem Rond-point ze maachen, wann een déi zwee Rond-pointen hannendrun an déi dräi Saache virdrun net esou gestalt, dass et do fléisst. Da verlagert een de Problem eigentlech just ëm 100 oder ëm 150 Meter.

Et gëtt en zweete ganz wichtege Punkt fir deen Deel vum Eck, deen zwar schon net méi an eisem läit, dat ass d'Entrée vun Esch. D'Sortie vun der Collectrice bei der Entrée vun Esch an d'Neigestaltung dovunner huet e weesentlechen Impakt op d'Verkéiersgestaltung am Südweste vum eisem Land, d'Kombinatioun also vun deenen doten zwou Mesuren.

Da kënnt eng drëtt Measure derbäi, an dat ass d'Ëmsetzung vun deem, wat ech entre-temps, no deenen neie Pläng, déi komm sinn, net méi de „Contournement vu Käerjeng“, mee eng „Ortsverbindungsstrooss am Südwesten“ nennen, well de Plang nämlech doduerch substanzial modifizéiert ginn ass, dass den Haneboesch

soll matugeschloss ginn un déi Strooss an domadder eng konsequent Entlaaschtung vun dem Schwéiervederker duerch d'Uertschaften Déifferdeng, Nidderkuer, Péiteng, Käerjeng, Suessem an esou weider.

Duerch de Fait, dass déi dräi Saachen zesumme géife gestalt ginn a mat engem véierten neie Projet, deen och am PNM dran ass, nämlech d'Verleung vun enger direkter Zuchverbindung vun Déifferdeng iwwer Käerjeng an d'Stad, déi dann och an deem Deel vum motoriséierten ëffentleche Verkéier eng substanzial Reduktioun vun de Farzäite vun de Leit ëm schätzungsweise zéng bis 15 Minutte Richtung Stad an owes heem géif mat sech bréngen. Doduerch léise mer de Knuet, dee mer am Südwesten hunn.

Da kënnt natierlech nach derbäi, dass mer da Richtung Dippech mussen weider reduzéieren, mee déi véier Punkten hei, déi sinn intelligiblement zesummegestréckt fir sécherstellen, datt, wann ee gären hätt, dass net 30.000, 35.000 Autoen all Dag duerch d'Uertschaften weiderfueren, datt, wann ee gären hätt, datt, wann eng Strooss zou ass an der Allerhellegevakanz, dann an engem ganzen Deel vum Land den Auto net méi vijenzeg an hannerzeg kënnt an d'Leit bis zu enger Stonn brauchen, fir zwee Kilometer ze maachen.

Et sinn déi Mesuren, déi allegueren zesummen hëllefen. An dat, wat hei ass, dat ass e ganz klengen Deel, deen awer nëmmen eppes bréngt – dofir kënne mer déi Motioun hei stëmmen –, well et en Deel ass vu ganz ville Saachen. Mee si bréngt individuell näischt, wa se net an e Konzept passt, dat awer um Dësch elo läit. Dat muss ech wierklech soen, d'Konzept läit um Dësch. Mee de grâce, Här Minister, de grâce, Dir Dämmen an Dir Härten an der Regierung, do kënnt Dir, Här Minister, nach viles maachen, ier Der Ärer Wee gitt.

Dir hutt dat jo elo gesot: Dir kënnt nach viles maachen. Dir kënnt souguer an engem Dossier, deen eis hei zu enger ganzer Rei ganz staark um Häerz läit, virun deenen nächste Walen nach Decisiounen huelen, déi richtungsweisend sinn, fir dass mer nämlech endlech aus där drëtter Case vun néng Casen fir de Bau vun der Ortsëmgeungsstrooss Käerjeng, dee säit 2018 hei an enger selwechter Prozedur wéi där heiter gestëmmt ginn ass, an an engem Projet de loi gestëmmt ginn ass, an déi véiert Case an dann an déi fënneft Case kommen an iergendwann eng Kéier an d'Realisatioun vun deem Ganzen.

An da wollt ech fir ofzeschlëssen op Wonsch vun zwee vu menge Schaffen eng Kéier soen, datt de Bobësch net Natura 2000 ass, datt de Bobësch ganz eleng an exklusiv um Territoire vun der Gemeng Käerjeng läit an dass de Proprietär vum Bobësch d'Gemeng Käerjeng ass. Dat hunn ech gesot, well déi Leit vun RTL, vun aneren, vum „Lëtzeburger Wort“, déi reegelméisseg iwwert de Bobësch schreiwen, reegelméisseg Saachen iwwert de Bobësch schreiwen, déi absolutt kenger, weeder juristescher nach geografescher, Realitéit entsprechen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wolter. Dann hat den Här Goergen d'Wuert gefrot.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo. Merci, Här President. Dat am PNM, dat steet dran, ech hunn dat nämlech extra virdrun nach gekuckt. Do steet awer zimmlech vag, wéi Der dat och virdru gesot hutt: „Der Ausbau der Avenue de l'Europe [...] wird den Transitverkehr vom Zentrum von Pétange fernhalten.“ Wéi gesot, et ass kee Projet do. An haut ass eeben de Moment, wou déi Etüden, déi 52, beschwat gi sinn, dofir war et fir eis kloer, och op deem Punkt fir Entlaaschtung ze suergen.

Et ass richteg, et kënnt och nach e Rond-point Richtung Frankräich duerno. Zwee Rond-pointe virdrun hunn awer déi Ënnerféierung. Et ass just deemools den drëtten aus budgetäre Grënn net gebaut ginn, wou mer awer haut Budget hätten, staatsméisseg gesinn, an da wär et schon eng Entlaaschtung!

Ech verstinn Är Logik, dass déi Rond-pointen a Frankräich herno kommen, mee op d'mannst déi Rond-pointen op Lëtzeburger Säit, wou deemools dräi geplangt ware mat engem Tunnel drënner an zwee just realiséiert gi sinn, wou mer eis elo erëmfannen, dass eng A13 op engem Rond-point endegt, dofir hu mer haut déi dote Motioun matbruecht, fir eeben eng passend Etüd – da wäeren et 53 Projekte gewiescht – auszuschaffen, fir eeben de Raum Péiteng, Käerjeng ze entlaaschten.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert un den Här Minister François Bausch.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Jo. Merci, Här President. Vu datt den Här Goergen de leschte Riedner war, hat ech virdrun keng Chance, fir d'Motiounen ze liesen ze kréien. Ech hu se elo mol gelies an ech muss awer soen: Ech wëll dem Här Wolter e grouse Merci soen, well den Här Wolter huet am Fong alles exzellent erkläert, besser hätt ech et net kënne erklären, wat d'Philosophie ass vun deem Eck. An duerfir, well ech awer kee Frënd sinn dervunner, fir esou Stéckermotiounen unzehuelen, esou Stécker wéi dat heiten, mengen ech, datt dat net vill bréngt.

Mir wäerten iergendwann eng Kéier – wéi gesot, dat ass ganz sécher d'nächst Regierung, dat ass net méi an dëser Legislaturperiod –, wann déi Etüden all ofgeschloss sinn iwwert déi Puzzlestécker, déi nach feelen, e Gesamtpackage hei an där Chamber diskutéiere mussen. À voir, wéi dat dann ausgeet. Ech mengen, datt et net glécklech ass, wa mer ufänken, elo andauernd Motiounen iwwer eenzel Rond-pointen unzehuelen. Dat bréngt eis net schrecklech weider.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Bausch. Da kënne mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2 kommen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 27 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par Mme Diane Aehm), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt (par M. Gusty Graas), André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty (par M. André Bauler) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Yves Cruchten), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;



Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Motion 3

Da kéime mer bei d'Motioun Nummer 3, an där ge-frot gëtt, virun ze kucken, do, wou et méiglech ass, de Wi-Fi an den Zich vun den CFL ze realiséieren. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Chantal Gary.

Mme Chantal Gary (déi gréng), rapportrice | Merci fir d'Wuert. An hei och nach eng Kéier merci fir d'Motioun. An der Kommissioun hate mer jo och schonn ugeschwat, dass et um Schinnennetz ëmmer nach Plaze gëtt, wou een eebe kee Reseau huet. An hei ass eeben d'Demande, dass de Wi-Fi soll ënnerstëtzt ginn. An et ass eng gutt Saach an eng gutt Iddi, fir dass virun allem och d'Qualitéit fir den Zuchfuerer doduerjer an d'Luucht geet, dass eeben iwwerall soll Wi-Fi respektiv en Internetreseau sinn. An dofir géif ech soen, dass mer dës Motioun unhuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Gary. Dann huet nach den Här Mobilitéitsminister François Bausch d'Wuert gefrot.

M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | Här President, d'Chamber mécht selbstverständlech, wat se wëllt. Ech hunn och eigentlech kee Problem, wann d'Chamber déi Motioun

hei unhëlt. Ech sinn e bësse verwonnert iwwert dat, wat awer drastesch an den Dispositiven, well den Här Goergen war an der Kommissioun, an do huet en dem Här Werdel vun der CFL déi Froen all gestallt, an deem huet em och d'Erklärung ginn an och souwisou dat confirméiert, wat an de Fuerderungen hei vun de Piraten steet. Also, et ass am Fong ... hei ginn oppen Dieren agerant. Hien huet em virun allem awer vill Erklärung gi par rapport zu dem Fait, firwat et um Netz selwer am Moment ganz schwierig ass, fir iwwerall e leistungsfähige Wi-Fi ze hunn.

Dat ass net, well de Wellen do net besteet, mee well et nach eng Rei technesch Problemer gëtt. Ech wëll Iech dat awer elo hei erspieren, soss sëtze mer nach eng hallef Stonn hei, fir dat ze erklären – mir hu jo Zäit –, mee den Här Werdel huet awer och erkläert, wat d'CFL amgaange sinn, ze iwwerleeën ze maachen, fir do um Niveau vun der Technik deem entgéintzrieden, datt et zum Beispill do, wou d'Couverture 5G schlecht ass oder iwwerhaupt net do ass, de GSM schlecht ass, wat natierlech en Impakt huet heirobber, awer entre-temps technesch Léisunge gëtt, fir deem entgéintzrieden a fir dat kënnen ze maachen.

Also, wéi gesot, hei ginn oppen Dieren agerant. Et ass souwisou dat, wat d'Philosophie ass bei den CFL, fir dat ze maachen. Duerfir kann d'Chamber dat weinst menger och roueg unhuelen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Mobilitéitsminister. D'Wuert geet nach eng Kéier zrëck un den Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, merci och. Merci fir de positive Feedback. Effektiv hat ech mam Här Werdel Diskussiounen an der Kommissioun. An do war jo d'Diskussioun och komm, dass et nach net iwwerall méiglech wär, well entweder nach kee Stroum läit oder et kengem Operateur méiglech ass, 4G oder 5G ze maachen. Dofir hunn ech d'Motioun esou ëmgeschriwwen, dass mer elo do, wou et eeben am Moment, Stand haut, scho méiglech ass, wou Stroum läit an en Handyreseau ass, de Wi-Fi an den Zich maachen. Dat war eeben de Kompromëss, deem ech no deem Gespréich an der Kommissioun elo haut matbruecht hunn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Ech spieren, datt mer eis jo alleguer eens sinn. Kënnen mer dës Motioun à main levée ofstëmme?

(Assentiment)

Vote sur la motion 3

Wien d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg ugehall.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 13., 14. a 15. Dezember virgesinn.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 18.03 heures.)

Questions au Gouvernement

Sommaire

Objet	N°	Auteur	Page	Objet	N°	Auteur	Page
Session ordinaire 2021-2022				Prix des pellets	6888	Cécile Hemmen, Francine Closener	89
Pénurie de gaz russe	6703	Fred Keup	84	Décharge pour déchets inertes Hosingen	6889	Emile Eicher, Martine Hansen, Aly Kaes, Jean-Paul Schaaf	89
Partage de la valeur des énergies renouvelables	6759	Gusty Graas, Max Hahn	84	Nouveau bâtiment du CGDIS dans le canton de Clervaux	6890	Carlo Weber	90
Remise carburant	6770	Marc Goergen	84	Tracé du contournement Hesperange–Alzingen	6891	Marc Lies	90
Électrification du secteur agricole	6875	François Benoy, Jessie Thill	84	Dépistage du cancer du sein	6892	Carole Hartmann	90
Problèmes du transport scolaire dans la « Nordstad »	6877	Martine Hansen, Aly Kaes	85	Canicule 2022	6893	Cécile Hemmen	91
Coordinateur sportif des communes	6878	Gusty Graas, Claude Lamberty	85	Gratuité des manuels scolaires	6894	Martine Hansen	92
Sanctions envers la Russie	6879	Fernand Kartheiser	85	Mobibus	6895	Max Hahn	92
Échange d'informations entre le Fonds national de solidarité et les communes	6880	Laurent Mosar	86	Bois utilisé dans les chaudières à granulés	6896	Myriam Cecchetti	93
Problème sur la ligne ferroviaire 10	6881	André Bauler	86	Éligibilité pour la prime énergie	6898	Myriam Cecchetti	93
Procédures au sein des offices sociaux	6882	Marc Spautz	87	Heures d'ouverture des bureaux de la CNS à Grevenmacher	6899	Léon Gloden	94
Fin de la pandémie	6883	Jeff Engelen	87	Espaces de travail partagés	6900	Dan Biancalana	94
Guerre entre la Russie et l'Ukraine	6884	Gusty Graas	87	Permis de port d'armes	6901	Dan Biancalana	95
Incident à l'usine de biogaz à Gonderange	6885	Cécile Hemmen	87	Manque de décharges pour déchets de construction	6902	Martine Hansen	95
Digitalisation dans le secteur de la santé	6887	Carole Hartmann, Gilles Baum, Gusty Graas	88				